



adopté, lors de sa réunion du 13 octobre 2011, un avis motivé au sujet de l'initiative législative précitée;

décide d'adopter cet avis motivé de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ayant la teneur suivante:

«**Considérations générales**

Avant d'examiner la compatibilité des dispositions de la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil concernant la définition, la désignation, la présentation, l'étiquetage et la protection des indications géographiques des produits vinicoles aromatisés avec les principes de subsidiarité et de proportionnalité, la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural juge utile de rappeler lesdits principes, consacrés par l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

Ainsi, le paragraphe 3 de l'article précité prévoit que «dans les domaines qui ne relèvent pas de sa compétence exclusive, l'Union intervient seulement si, et dans la mesure où, les objectifs de l'action envisagée ne peuvent pas être atteints de manière suffisante par les États membres, tant au niveau central qu'au niveau régional et local, mais peuvent l'être mieux, en raison des dimensions ou des effets de l'action envisagée, au niveau de l'Union.», tandis que le paragraphe 4 de ce même article précise, en ce qui concerne le principe de proportionnalité, que «le contenu et la forme de l'action de l'Union n'excèdent pas ce qui est nécessaire pour atteindre les objectifs des traités.».

La commission parlementaire juge encore utile de rappeler l'article 290 du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne (TFUE) qui réserve le recours aux actes délégués aux seuls cas où il serait nécessaire de compléter ou de modifier «certains éléments non essentiels de l'acte législatif» de base.

Il importe donc de souligner que le choix de recourir aux actes délégués doit se faire avec circonspection et doit être réservé à des cas précis et limités.

Analyse de la compatibilité des dispositions de la proposition de règlement avec les principes de subsidiarité et de proportionnalité

L'article 3, paragraphe 3 de la proposition sous examen stipule que la Commission européenne peut, au moyen d'actes délégués, adopter des méthodes et règles à appliquer en absence de méthodes ou de règles recommandées et publiées par l'OIV permettant notamment «d'établir la composition des produits vinicoles aromatisés...».

Or, de l'avis de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, ces méthodes et règles constituent un élément législatif essentiel comme elles servent à vérifier la conformité des produits vinicoles aromatisés avec les exigences, restrictions et désignations établies aux annexes I et II de la proposition.

La proposition de règlement prévoit, en outre, et ceci notamment à l'endroit de son article 9, de déléguer un large pouvoir à la Commission européenne pour «actualiser» les définitions, exigences et restrictions techniques établies à l'annexe I ainsi que les dénominations de vente et les désignations établies à l'annexe II de la proposition sous analyse.

Également cette délégation de pouvoir est à considérer comme excessive. La Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural est d'avis que l'établissement des définitions, des exigences, des restrictions techniques, des dénominations de ventes et des désignations doit être considéré comme un élément essentiel de l'acte législatif et devra donc faire partie de l'acte de base, seulement modifiable par une procédure législative normale.

En ce qui concerne l'article 8 qui prévoit que «...les États membres peuvent établir des règles plus strictes que celles visées à l'article 3 et aux annexes I et II en ce qui concerne la production et la désignation...», la commission parlementaire doute que cette disposition soit conforme au principe de subsidiarité.

En effet, le texte actuel du règlement (CEE) n°1601/91 prévoit de manière plus générale que «les États membres peuvent appliquer des règles nationales spécifiques relatives à la production, à la circulation interne, à la désignation et à la présentation des boissons obtenues sur leur territoire dans la mesure où ces règles sont compatibles avec le droit communautaire». Cette disposition ne figure plus explicitement dans le texte de la proposition. Tout porte ainsi à croire que dorénavant les possibilités des États membres à adopter des règles spécifiques adaptées aux particularités de leur territoire seront fortement réduites et limitées aux seules «règles plus strictes» que celles à appliquer de manière générale au niveau communautaire. Si tel était le cas, la modification en question serait en contradiction avec le principe de subsidiarité.

La commission exprime également ses réserves en ce qui concerne l'article 29 de la proposition sous

examen. Le paragraphe 2 de cet article stipule que la Commission peut «...au moyen d'actes délégués, prévoir les conditions dans lesquelles le cahier des charges du produit peut inclure des exigences supplémentaires au sens de l'article 11, paragraphe 2, point f)». Il s'agit ici des «...exigences applicables en vertu de la législation de l'Union ou de la législation nationale ou, conformément aux dispositions des États membres, prévues par une organisation responsable de la gestion de l'indication géographique protégée, étant entendu que ces exigences doivent être objectives, non discriminatoires et compatibles avec la législation de l'Union».

Les exigences reprises dans les cahiers des charges pour pouvoir bénéficier d'une indication géographique protégée applicable en vertu d'une législation nationale doivent donc être compatibles avec la législation de l'Union. Le fait de donner à la Commission européenne le pouvoir d'introduire des exigences supplémentaires par rapport à la législation nationale par la voie d'actes délégués risque de ce fait non seulement de ne pas respecter le principe de subsidiarité, mais semble surperfétatoire.

Finalement, la disposition conférant à la Commission européenne le pouvoir d'adopter au moyen d'actes délégués des mesures spécifiques relatives aux procédures nationales applicables aux demandes transfrontalières (article 29, paragraphe 3, lettre c de la proposition) soulève également des doutes quant à la compatibilité avec le principe de subsidiarité.

Conclusion

Le contrôle effectué du respect des principes de subsidiarité et de proportionnalité par la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil concernant la définition, la désignation, la présentation, l'étiquetage et la protection des indications géographiques des produits vinicoles aromatisés (COM (2011) 530) fait apparaître que l'initiative législative en question comporte un certain nombre de dispositions qui ne sont pas conformes au principe de subsidiarité, ni au principe de proportionnalité.

La proposition de règlement en question donne notamment le pouvoir à la Commission européenne d'adopter des éléments essentiels de la législation par acte délégué, ce qui est en contradiction avec l'article 290 du TFUE, dispositions qui sont en infraction avec le principe de subsidiarité.»

(s.) Fernand Boden, Jean Colombero, Fernand Etgen, Henri Kox, Roger Negri.

E Vote sans débat gëtt virgeschloen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn. Ech soen lech Merci an ech leeden den Avis dann un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

2. Résolution relative à la communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social européen et au Comité des régions sur la réforme de la politique commune de la pêche - COM (2011) 417

- Art. 169 du Règlement de la Chambre des Députés

Dann huet nach eng Kéier déiselwecht Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural haut de Moien décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommissioun ze riichten, deen d'Dokument COM (2011) 417 iwwert d'Reform vun der gemeinsamer Politik vum Fëschë betrëfft.

D'Kommissioun huet wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, mä wëllt politesch Bedenken zum Ausdrock bréngen, esou wéi et den nationale Parlamenter an där sougenannter Barroso-Initiativ erlaabt ass. D'Prozedur, déi hei applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 169 vun eise Chambersreglement. Den Avis vun der Agrarkommissioun ass lech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant l'article 169 du Règlement de la Chambre des Députés;

- rappelant que la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a été saisie d'une série de communications concernant la réforme de la politique commune de la pêche (documents COM (2011) 416, 417, 418, 424 et 425), réforme exposée dans son ensemble dans la

communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social européen et au Comité des régions, intitulée «La réforme de la politique commune de la pêche» (COM (2011) 417);

- constatant que la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a adopté lors de sa réunion du 13 octobre 2011 un avis politique au sujet du paquet de réforme précité;

décide d'adopter cet avis politique de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ayant la teneur suivante:

«Partageant l'avis de la Commission européenne qu'il est urgent de rendre la pêche plus durable aux niveaux environnemental, économique et social, la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural salue l'ambitieuse réforme proposée par la Commission européenne et notamment la volonté de permettre aux stocks de poissons de se régénérer.

Les propositions de la Commission européenne constituent en effet une excellente base pour les travaux législatifs à venir.

Ainsi, une approche éco-systémique sur la base de plans pluriannuels de gestion des pêches permettrait d'organiser la pêche de manière à sauvegarder la biodiversité et d'assurer une meilleure protection des ressources biologiques de la mer.

L'idée de mettre en œuvre une solution réaliste en ce qui concerne la problématique des rejets en mer est également appuyée par la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.

La commission parlementaire insiste en outre sur un soutien ciblé des pêcheries artisanales côtières, ces pêcheries jouant un rôle important au niveau social et culturel dans de nombreuses régions de l'Europe. Dans cet ordre d'idées, une mise en garde s'impose: l'introduction de concessions de capture transférables entre les opérateurs d'un État membre pourrait se solder par une capitalisation excessive des droits de pêche. Ces charges financières supplémentaires pourraient désavantager les plus petites entreprises face aux grandes pêcheries industrielles.

Selon l'Organisation des Nations Unies pour l'alimentation et l'agriculture, trois quarts des stocks de poissons dans le monde sont surexploités et dans les eaux de l'Union européenne les estimations varient entre 70% et 88% des stocks. La commission parlementaire préconise donc la fixation des quotas de pêche selon des critères de durabilité transparents et scientifiques et tient, par ailleurs, à souligner l'importance de la création d'un réseau de réserves marines. Ainsi, elle se permet d'encourager la Commission européenne à proposer d'avantage de mesures concrètes permettant d'atteindre les objectifs évoqués et de combattre réellement les problèmes qui contribuent à la surpêche.

Enfin, la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural souhaite apporter son appui à l'idée d'un renforcement de l'information du public par l'introduction de nouvelles normes de commercialisation en matière d'étiquetage et de traçabilité. Une telle mesure devrait permettre au consommateur de réaliser ses choix en connaissance de cause, voire de le sensibiliser au soutien d'une pêche durable.»

(s.) Lucien Clement, Emile Eicher, Félix Eischen, Henri Kox, Roger Negri, Carlo Wagner.

E Vote sans débat gëtt virgeschloen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dat schéngt mer de Fall ze sinn.

Vote sur la résolution

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat schéngt mer och d'Unanimitéit ze sinn. Da wier déi Resolutioun ugeholl. Ech soen lech Merci a leeden den Avis un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

Um Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer eng Orientierungsdebat iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Negri, Henckes, Hoffmann an Diederich.

Als Éischt héiere mir de Rapporteur vun der Orientierungsdebat, den Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

3. 6331 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Exposé

► **M. Fernand Boden** (CSV), rapporteur.- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no 2006, 2007,

2008, 2009, 2010 fënnt dëst Joer scho fir déi sechste Kéier dësen Débat iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten, déi vum Stat realiséiert ginn, statt.

Dir wësst, datt no laange Joren Diskussioun tëschent der Chamber an der Regierung 2006 eng nei Prozedur agefouert ginn ass, fir d'Planen an de Bau vu gréisseren Infrastrukture vum Stat méi schnell, méi transparent, méi einfach ze gestalten, ouni awer d'Matsproocherecht vun der Chamber an och d'Kontroll vum Parlament ze beschneiden.

Am Abrëll 2009 ass de finanzielle Seuil vun dëse Projeten, déi der Nohaltegkeetskommissioun all Joers musse presentéiert ginn, vu 7,5 Milliounen op zéng Milliounen Euro eropgesat ginn, sou datt all Projeten, déi méi wéi zéng Milliounen Euro kaschten, fir d'Éischt d'Approbatouen oder den Accord de principe vun der Chamber brauchen, ier d'Projete kënne studéiert ginn. Dir wësst alleguer, datt fir Projeten, déi méi wéi 40 Milliounen Euro kaschten, muss e speziell Gesetz ausgeschafft ginn an och hei gestëmmt ginn. Dat heescht, do huet d'Chamber direkt Matsproche- a Kontrollrecht.

Et ass och festgehalen ginn, datt de finanzielle Suivi vun de Projeten, déi méi wéi zéng Milliounen kaschten, muss vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire gemaach ginn. Dat heescht, de Minister muss all sechs Méint an dës Kommissioun kommen an och soen, wou d'Evolution vun den eenzelne Projeten drun ass, wat de finanziellen Aspekt ubelaangt. Dëse Modus vivendi begrenzt sech net nëmme, wéi gesot, op déi Projete vun engem Impakt vun iwwer 40 Milliounen, mä op all Projet vun engem Impakt vun iwwer zéng Milliounen.

De Minister hat sech och bereet erkläert, fir der Kommissioun, déi zoustänneg ass fir d'Infrastrukturen, also der Nohaltegkeetskommissioun, regelméisseg Bericht ze erstatten iwwert de Weidgang vun de Projeten, déi méi wéi zéng Milliounen Euro kaschten a fir déi d'Aus-schaffe vun Etüden a Pläng hei an der Chamber autoriséiert ginn ass. Dës Prozedur erlaabt eis eng méi grouss Flexibilitéit bei de groussen Infrastrukturprojeten. D'Regierung ka méi séier agéieren, an trotzdem huet d'Chamber nach déi néideg Kontroll iwwert dat Ganz.

Mä fir datt d'Chamber an all Kolleeg hei am Parlament den Iwwerbléck behält, wou déi eenzel Projeten dru sinn, déi säit 2006 d'Prozedur duerchlaf hunn, huet de Minister eis an der Kommissioun, gradesou och wéi d'lescht Joer, Lëschten ausgedeelt mam État d'avancement vun all deene Projeten, déi hei autoriséiert gi sinn, a mir haten och iwwer vereenzelt Projeten Diskussiounen an der Chamberskommissioun.

Ech hunn a mengem Schrëftleche Rapport als Annex all dës Dokumentatiounen bäigeluecht, fir datt jiddwer interesséierten Deputéierte ka kucken: Wou sinn déi Projeten drun? Wat ass de Werdegang dovun? An da krée se e bëssen den Iwwerbléck iwwert den „Stand der Dinge“, wann ech esou där soen, vun all de staatlechen Infrastrukturprojeten, déi ënnerwee sinn. Ech mengen, dat ass scho relativ wichteg fir d'Deputéiert.

Voilà, ech wëll dann no dësem Exkurs op d'Lëscht vun de Projete kommen, déi elo virgesi sinn an déi an der Nohaltegkeetskommissioun presentéiert gi sinn, d'Lëscht vu Projeten, déi de Regierungsrat an der Sëtzung vum 1. September vun dësem Joer ugeholl huet.

D'Chamberskommissioun huet an zwou Sëtzungen all eenzelne Projet vun dëser Lëscht analyséiert, och duerchdiskutéiert, an ech wëll hei op dëser Plaz d'Virstellung vun de Projete méiglechst kuerz halen. Dir kënnt d'Detailer am Schrëftleche Rapport noliesen. Ech hu versicht, dat do esou detailléiert wéi méiglech ze maachen, datt jiddwereen, wéi gesot, den Iwwerbléck iwwert dat Ganz kritt.

Ech wëll dann ufänke mam éischte Projet, oder mat de Projete vun der Bauverwaltung, an an deem Kader ass den éischte Projet en neit Gebai fir d'Direktioun vun der Natur- a Bëscherwaltung zu Dikrech. Dëse Projet ass um Site vum alen Hôtel du Midi vis-à-vis vun der Dikrecher Gare virgesinn an huet eng finanziell Envergure vu ronn zéng Milliounen Euro.

Wat ee ka bei dësem Projet zrëckbehalen, dat ass, datt et sech ëm e Projet pilote handelt, mat enger positiver Energiebilanz. Dat heescht, dëst Gebai, dat soll méi Energie produzéieren, wéi et der verbraucht. Dëst gëtt duerch eng ganz gutt Isolatioun engersäits an duerch e minimale Verbrauch vun elektrischer an thermescher Energie anerersäits erreecht. D'Energieproduktioun gëtt duerch verschidden erneierbar Ener-



gië garantéiert, wéi d'Fotovoltaik, d'Wärmepompe, d'Waasser aus der Sauer.

Ech mengen, mir hu jo och der Regierung e puermol scho gesot, datt se soll mam gudde Beispill virgoen, weisen, wat ee kann och an öffentleche Gebaier maachen, fir Energie ze spueren, fir Weeweiser ze sinn. Hei ass esou e Projet.

Mir hunn och d'Verwaltung gefrot: Wat ass dann de Méikäschtepunkt vun esou engem Projet am Verglach mat engem klassesche Gebai? Et ass gesot ginn, dat wäre ronn 10%. Mä dese Méikäschtepunkt gëtt méi wéi opgewien a relativ kuerzer Zäit duerch d'Avantagë fir d'Ëmwelt an och duerch d'Energieerspuernisser.

Den zweete Projet, dat ass de Lycée technique fir Gesondheetsberuffer zu Käerjeng. Bei deem Projet gëtt engersäits dat bestehend Gebai, wat e schéint Gebai ass, wat, mengen ech, och souguer klasséiert ass, réaménagéiert, an et gëtt en neie Fligel do ugebaut. Dee ganze Komplex ass am Zentrum vu Käerjeng an der fréierer CITO-Schoul. D'Gebai bitt Plaz fir 430 Schüler, an d'Raimlechkeeten, déi entsprechen den heitege Besoinen.

Dese Projet spigelt d'ailleurs d'Politik vun der Dezentralisatioun vun de Schoulinfrastrukturen erëm. Et sinn hei am Land dräi Lycéë fir Gesondheetsberuffer virgesinn: een am Norden, an zwar zu Ettelbréck, een am Zentrum zu Bouneweg, an dann och dese Lycée fir Gesondheetsberuffer zu Käerjeng. Fir d'Schüler dozou unzereegen, op den öffentlechen Transport zréckzegräifen, ginn zu Käerjeng just Parkméiglechkeete fir d'Personal virgesinn. Do huet de Minister eis och erkläert, datt d'Zuel vun de Parkplazen no engem gewëssene Ratio festgeluecht gëtt, dee fir all Schoulgebaier am Land hei soll ugewannt ginn an deen, wéi gesot, de Gegebenheete vun der Uertschaft och entsprécht, wou de Lycée implantéiert gëtt.

De Budget, dee fir d'Aarbechte virgesinn ass, beleef sech op 22 Milliounen Euro.

Ech géif dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op d'Projete vum Fonds des routes kommen.

Den éischte Projet ass do de Boulevard de Merl. Dese Projet baséiert op engem Mobilitéitskonzept an et gëtt e globalen Accord mat der Stad Lëtzebuerg iwwert de primäre Stroosse-reseau am Südweste vun der Stad, notament eben dese Boulevard de Merl, de Boulevard de Cessange, d'Pénétrante an de Boulevard vun Hollerech gradesou wéi d'Verbreederung vun der Autobunn A6, der Ëmgehungsstrooss vun der Stad also.

Dësen neie Boulevard, dee verbënnt d'Areler Strooss mat der Lonkecher Strooss an der Autobunn A4. Dir wësst, datt et an deem Deel vun der Stad eng ganz Abberzuel vun Aktivitéits- an Industriezone gëtt, déi duerch dësen neie Boulevard och besser a méi einfach kënnen bedéngt ginn. De Boulevard de Merl kritt selbstverständlech eng Busspur an och eng Vëlospist, an insgesamt ass d'Längt dovunner 3,1 km.

Am Süde stéisst de Boulevard de Merl op den zweete Projet, deen ech elo virstellen, an zwar de Contournement vun Zéisseng. Dese Projet ass genee beschriwwen am Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports». Hien huet als Haaptzil, fir e parallele Réseau ze schafe fir de Verkéier aus dem Südwesten an domat den Transitverkéier an der Stad selwer ze berouegen.

De Contournement vun Zéisseng huet eng Längt vun 2,8 km a féiert vun der Autobunn A4 bis op de Giratoire op d'N4. An all Richtung gëtt et niewent enger normaler Fuerspurr och eng Spur, déi fir Busse reservéiert ass. Et gesäit een also an deem Projet schon, datt dem öffentleche Verkéier ganz vill Gewiicht bäigemooss gëtt. Weider Detailler fannt Dir, wéi gesot, am schrëffleche Rapport, a fir alles méi bildlech duerstellen, hunn ech och versicht, fir an Annexen d'Pläng vun dese Projete festzehalen.

Drëtte Projet ass de Contournement Nord vu Stroossen. Och dese Projet ass am Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» virgesinn. En ass e weidert Element vum Réseau vun tangentiellë Stroossen, déi an der urbaniséierter Stater Peripherie néideg sinn. Dese Contournement verbënnt den Échangeur Briddel mat der Areler Strooss an e bréngt eng ganz staark Verkéiersberouegung am Zentrum vu Stroossen.

Dese Contournement hätt am Fong scho méi laang solle realiséiert ginn, mä et gouf Problemer mat verschidden Emprisen, sou datt et sech e bëssen an d'Längt gezunn huet. Wann dës Terrainen elo alleguer disponibel sinn - dat ass normalerweis jo eng laang Prozedur, dat wësse mer -, steet enger séierer Realiséierung vum Projet näischt méi an de Féiss.

Véierte Projet ass de Contournement vun Dikrech. Dat ass e Projet, deen zënter den 90er Joren am Gespréich ass, an et geet drëm, fir no Méiglechkeeten ze sichen, fir den Trafic an Dikrech ze verbesseren. An déi eenzeg Méiglechkeet, fir dat ze errechen, ass fir eng nei Verbindung ze maachen tëschent dem Carrefour Seltz op der N17, dat heescht d'Strooss vun Dikrech op Veianen, an dem Kreesverkéier um Fridhaff. Do muss also eng Verbindung geschaf ginn. Dës Verbindungsstrooss hätt eng Längt vun ongeféier 4 km. Et soll och dovou profitéiert ginn, datt den Härebiërg mat där Strooss géif verbonne ginn, fir datt net all de Verkéier op den Härebiërg a vum Härebiërg erof muss duerch Dikrech fueren.

Ech wëll och soen, datt dese Projet nach guer net prezis ass. Et ass och net déi éischt Prioritéit, mä Der wësst, wann et kriddelech Projete sinn - hei ass e kriddeleche Projet -, och wat d'Ëmwelt ubelaangt, da muss ee vill Varianten examinéieren, et muss ee laang am Virus planzen, an dofir soll hei d'Regierung de Feu vert kréien, fir emol eng Planung ze maachen, fir eng hallef Dose virstellbar Varianten op hir Mériten ze examinéieren an dat och da kënnen am Detail ze analyséieren.

De Minister huet eis drop higewisen, datt et sécher keen einfache Projet ass, well en e groussen Impakt op d'Landschaft wäert hunn. Dofir muss mer beschtméiglech op de Schutz vun de Biotopen, op d'Integratioun an d'Landschaft oppassen. An de Ministère du Développement durable wäert dat och maachen. De Minister huet op jidde Fall eis dat verséichert, an ech mengen, dat ass jo ee vun den Avantagë vun deem groussen Ministère, datt do déi verschidde Kompetenzen an engem Ministère vereent sinn, datt also och vun Ufank u kann op den Impakt op d'Ëmwelt an op d'Biotopen opgepasst ginn.

Fënnefte Projet dann ass de Contournement vun Alzeng. Dese Projet gëtt gesinn am Kader vun de Plans directeurs «Midfield», iwwert déi jo haut och nach vläicht wäert diskutéiert ginn an engem spéideren Débat, an «Ban de Gasperich». Dese Projet ass, wéi gesot, och zesumme mat de Gemenge Lëtzebuerg an Hesper analyséiert ginn, a mir all wëssen, wat fir ee Potenzial an dëser Géigend vun der Hauptstadt a vun Hesper läit a wat alles an deenen nächste Joren do wäert gebaut ginn.

Et ass also sécher, am Ban de Gasperich an am Midfield, datt do den Trafic wäert ganz staark zouhuelen. Wann ee weess, datt haut schon an de Spëtzenzäiten do ganz grouss Problemer bestinn, da weess een, datt een do muss reagéieren, datt do muss gehandelt ginn, datt een net derlaanscht kënn, fir en neit Verkéierskonzept do opzestellen, an zu deem Konzept gehéiert selbstverständlech och d'Gare périphérique vum Houwald, déi de Ban de Gasperich mat der Zone d'activité Houwald soll verbannen.

Grad wéi beim Projet virdru wëll ech och soen, datt dat hei e Projet ass, deen nach am Fong net weider examinéiert ginn ass, wou et eng Rei vu Variante gëtt. An dëser Phas geet et elo emol drëm, fir datt d'Chamber soll dem Ministère oder der Regierung gréng Luucht ginn, fir dës Alternativen ze examinéieren, fir ze kucken, déi néideg Etüden ze maachen, fir datt dat ka realiséiert ginn. Datt do eppes muss geschéien, dat wësse mer, wéi gesot, alleguer.

Sechste Projet ass de Contournement vun Elven. Dat hei ass e Projet, dee scho méi laang an der Diskussioun ass. E gouf aus finanzielle Grënn zréckgestallt. Sënn an Zweck vun dëser Ëmgehungsstrooss ass et, de Verkéier, a virun allem den Transitverkéier duerch Elven erauszukréien. Déi nei Strooss, déi soll eng zweespureg Route nationale ginn, an dat op enger Längt vu ronn 2,7 km.

Siwente Projet ass den neie Pôle d'échanges intermodal vum Héienhaff. Dese Projet ass e ganz wichtige Projet. E steet am Zeeche vun der nohalterger Mobilitéit an e concernéiert d'Verkéiersfluxen aus dem Osten an aus dem Nordosten. Eng ganz Rei vun Deputéierte komme jo all Dag praktesch, wa se hei an d'Chamber kommen, aus dëse Géigenden. Et ass wichtig, datt ee versicht, fir do eppes Neies ze maachen, op der Plattform vum Héienhaff. Dës Plattform läit tëschent der Tréierer Autobunn, der A1, dem Cargozeren an dem Findel, an op dëser Plattform sollen d'Autoen an déi regional Buslinne kënnen op den Tram an op den öffentlechen Transport vum Stater Réseau ëmklammen.

Heiduerch müssen d'Bretellë vum Échangeur Sennengerbiërg nei agencéiert ginn. Fir datt dat ganz Konzept och klappt, ass et wichtig, datt do e grouse Park & Ride mat ronn 4.000 Plaze geschaf gëtt an datt och nach en Arrêt fir den Tram kënn, fir wann den Tram eng Kéier fonctionnéiert, datt deen och do en Arrêt huet, datt d'Leit och kënnen sech dann iwwer öffentlech Transporter op hir Aarbechtsplaz beginn.

Ech kommen dann zu de Projeten aus dem Fonds du rail.

Éischte Projet ass do de Point d'arrêt vun Déifferdeng. Dir wësst, datt d'Entrée vun Déifferdeng ganz staark réaménagéiert gëtt, an am Kader vun deem Réaménagement vun der Entrée vun der Stad Déifferdeng gesäit dese Projet vir, datt um Arrêt vun Déifferdeng d'Zuchquaien nei gemaach ginn, gradesou wéi de Souterrain mat Träpen an och mat Liften. Dës wichteg Aarbechte ginn zesumme geplangt vun der Déifferdenger Gemeng, déi ganz staark mat implizéiert ass, wéi och vun de Ponts & Chaussées. Fir all Detailler verweisen ech och do op dee schrëffleche Rapport.

Vläicht just e Wuert nach zum Käschtepunkt. Et handelt sech momentan ëm en APS, dat heescht en Avant-projet sommaire, an de Schätzungen no leien dës Käschte bei ronn 16 Milliounen Euro. Hei kënnen awer weider Onkäschtchen derbäikommen, well een de Moment nach net weess, ob de Buedem do staark verschmotzt ass oder net. Awer wann dat de Fall wier, da kéimen do nach weider Onkäschtchen fir dese Projet derbäi.

Zweete Projet vun dem Fonds du rail ass d'Moderniséierung vun der Zuchlinn Lëtzebuerg-Klengbetten. Dese Projet ass d'zweet Phas vun dëser Moderniséierung. De Kolleg Lucien Clement hat am Kader vum Projet Eurocap-Rail 2006 hei an der Chamber de Projet „Optimisation de la ligne Luxembourg-Kleinbettingen“ virgestallt, an d'Chamber hat och duerch eng Motioun gréng Luucht ginn, fir d'Planunge fir dese Projet ze maachen.

Aus finanzielle Grënn, hat de Minister eis gesot, ass de Projet Eurocap-Rail an e puer Phasen opgedeelt ginn. Wéi gesot, déi éischt Phas, wou mer gréng Luucht ginn hunn, déi ass elo esou wäit, datt an nächster Zäit kann e Projet hei an der Chamber déposéiert ginn, an do geet et drëm, fir d'Stellwierker op der Zuchlinn ze erneieren.

De Projet, deem mer haut solle gréng Luucht ginn, dee stellt déi zweet Phas duer, an hei geet et drëm fir d'Elektroanlagen ëmzestellen vun 3.000 Volt oder vun 3 kV op 25 kV. D'Anlagen, déi haut bestinn, déi si vun 1956 a ginn net méi den heitege Besoinë gerecht. Dat hei ass e käschtenintensive Projet, en ass och nach am Stadium vum APS, vum Avant-projet sommaire, an de Käschtepunkt gëtt op ronn 36,4 Milliounen Euro geschat.

Drëtte Projet vum Fonds du rail ass d'Kreatioun vun engem Point d'échange, wéi et genannt gëtt, zu Hollerech. Dese Projet ass bis elo am Fong nach net der Öffentlechkeet virgestallt ginn. En huet als Haaptzil d'Entlaaschtung vun der Haaptgare an der Stad. Dir wësst, datt d'Gare périphérique vun Zéisseng, déi wichtig ass, datt déi aus Käschtegrënn zäitlech no hanne verluecht ginn ass, an dese Projet soll mëttelfristeg eng gutt Léisung bréngen, fir, wéi gesot, d'Gare vun der Stad ze entlaaschten. An dese Projet kascht och vill manner wéi d'Gare périphérique vun Zéisseng. De Käschtepunkt vun deem Projet gëtt op ronn 25.342.000 Euro geschat.

Et ass och eng Diskussioun an der Kommissioun gewiescht iwwert d'Abannung vun deem Point d'arrêt zu Hollerech mat dem Schoulcampus vum Geeseknäppchen. Do huet de Minister eis assuréiert, datt do eng Méiglechkeet geschaf gëtt, datt d'Schüler, déi gutt ze Fouss sinn, oder déi nach wëllen ze Fouss goen - et si ronn 700 Meter, et ass elo net d'Welt -, datt déi kënnen sécher ze Fouss op de Campus goen. Hien huet eis och gesot, datt beim Gebai vun den Assurances sociales eng Gare routière geschaf gëtt, datt déijéineg, déi net esou gutt ze Fouss sinn oder net wëllen ze Fouss goen, kënnen mat engem Bus dann och op de Schoulcampus geféiert ginn.

Véierte Projet ass den Eisebunnszuschloss Kierchbiërg, den neien Arrêt Kierchbiërg, deen de Minister viru kuerzer Zäit virgestallt huet. Dat ass also deen neien Arrêt ënnert der Rouder Bréck, dat ass eng nei Haltestell vun der Nordstreck. Si gëtt ënnert där Rouder Bréck gemaach an et gëtt ee Pôle d'échange vum Zuch op den Tram an och ëmgedréit, et gëtt also eng Verbindung gemaach, fir op de Plateau vum Kierchbiërg ze kommen.

Dësen neien Arrêt ass esou geduecht, datt e soll déi Leit, déi aus dem Norde kommen, an déi op de Kierchbiërg oder de Lampertsbiërg schaffe ginn, kënnen direkt do iwwer öffentlech Transporter op de Kierchbiërg oder op de Lampertsbiërg kommen, datt se net mussen bis op d'Gare fueren.

Et ass virgesinn, datt an all Richtung sechs Zich an der Stonn solle fueren, also all zéng Minutte soll do en Zuch stoe bleiwen, an et ass och virgesinn - dat ass och eng ganz interessant Iddi -, datt d'Leit, déi aus anere Géigende kommen, net müssen op der Gare erausklammen, datt se kënnen bis op dësen Arrêt fueren an direkt eng

Ubannung kréien op de Kierchbiërg, well se do schaffen, fir esou méi schnell kënnen op hir Aarbechtsplaz ze kommen.

Dofir ass och virgesinn, datt et op d'mannst all Stonn een Zuch soll ginn a Richtung Thionville, a Richtung Esch-Uelzecht, a Richtung Péiteng-Lonkech, a Richtung Klengbetten-Arel, a Richtung Waasserbëlleg-Tréier, dat heescht an déi Richtungen an och ëmgedréit. Dës Haltestell wäert also eng gutt Verbindung erlaben un de Kierchbiërg, un de Glacis an och un de Lampertsbiërg.

Et sinn och Diskussiounen gefouert gi mam Service vun de Sites et Monuments. Dir wësst, datt Deeler vum Quartier vum Pafendall, deen duerch dese Projet eng grouss Opwäertung kritt, datt déi UNESCO-Weltkulturierwe sinn, datt do also opgepasst gi muss, datt den Impakt op dese Quartier an op dës Weltkulturierwen esou kléng wéi méiglech muss ginn.

Et ass e Projet, dee relativ deier wäert ginn, deen awer ganz vill bréngt, an de Käschtepunkt ass elo de Moment geschat op ronn 100 Milliounen Euro.

De fënnefte Projet ass dee vun der Gare vu Beetebuerg. Do geet et ëm d'Erneuerung an ëm d'Moderniséierung vun den Installatiounen, wat d'Signalisatioun an d'Telekommunikatiounen ubelaangt. Well déi nei zweespureg Zuchlinn Lëtzebuerg-Beetebuerg eng absolut Prioritéit huet, müssen dës Aarbechten an der Beetebuurger Gare elo esou schnell wéi méiglech gemaach ginn. D'Stellwierker vu Beetebuerg a vun Dudelange-Usines, déi ginn duerch ee Wierk mat informatiséierter Signalisatioun, dem sougenannte PSI, ersat, wat och de modernen Technologie Rechnung dréit.

Et handelt sech och bei deem Projet nach ëm en APS, en Avant-projet sommaire, an et ass de Moment nach net richteg bekannt, wat de Käschtepunkt vun deem Projet wäert sinn.

D'Nohaltegkeetskommissioun huet, wéi gesot, all dës Projeten examinéiert. Si huet keng gréisser Awänn géint déi verschidde Projeten, déi ech elo virgestallt hunn. Si droen, der Meinung vun der Kommissioun no, alleguer zur Verbesserung vun den Infrastrukturen hei am Land bäi. D'Kommissioun gëtt also e positiven Avis of iwwert dës Projeten a si schléit der Chamber vir, der Regierung gréng Luucht ze gi fir d'Ausschaffe vun den Etüden, vun de Pläng, déi néideg sinn, fir dës Projeten eventuell kënnen ze realiséieren.

Ech déposéieren dofir, Här President, lech eng deementspriedend Motioun. Si ass ënnerschriwwen vu Vertrieder vun dräi Fraktiounen. Wa nach Leit do sinn, déi wëlle mat ënnerschreiwen, déi Méiglechkeet, déi steet nach op. Si huet zwar de Moment scho fënnef ënnerschrëften. Dës Motioun, déi recommandéiert, wéi gesot, der Chamber, der Regierung gréng Luucht ze gi fir dës Projeten, fir datt se kënnen studéiert ginn, an déi eenzel Projete gi ganz kuerz résuméiert, an deem Sënn, wéi ech lech dat elo virgestallt hunn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure;

- vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;

- vu d'autre part:

- l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «grands projets d'infrastructure Travaux publics» du 23 octobre 2008;

- considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à



ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros;

- vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures lors des séances des 21 et 28 septembre 2011 de la Commission du Développement durable;

- considérant que suite aux informations détaillées fournies par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Bâtiments publics

- procéder à la réalisation d'un nouveau bâtiment qui accueillera la direction de l'Administration de la Nature et des Forêts à Diekirch. Ce projet s'inscrit dans le contexte de la décentralisation de certaines administrations. Ce bâtiment sera un projet-pilote à énergie positive, c'est-à-dire que la future construction produira plus d'énergie qu'elle n'en consommera;

- réaliser la construction d'un Lycée technique pour professions de santé à Bascharage, projet qui combinera le réaménagement de bâtiments existants et la construction d'une nouvelle aile;

b) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Ponts et Chaussées

- réalisation du Boulevard de Merl: ce projet a été pensé sur base d'un concept de mobilité global et cohérent. Ce nouveau boulevard se situera au sud-ouest de la ville de Luxembourg et créera une voie de liaison tangentielle entre la route d'Arlon, la route de Longwy et l'autoroute A4. Il permettra en outre de desservir les nombreuses zones d'activités et les zones résidentielles;

- le Contournement de Cessange est inscrit dans l'avant-projet de Plan sectoriel «Transports» et a pour principal objectif de créer un réseau parallèle pour le trafic en provenance du sud-ouest et, partant, de réduire le trafic de transit à l'intérieur de la ville de Luxembourg. Le projet se développera sur quelque 2,8 km et prendra son départ sur l'autoroute A4 à l'extrémité sud du boulevard de Merl et se terminera sur un giratoire sur la N4;

- le Contournement Nord de Strassen s'inscrit dans le réseau des routes tangentielles nécessaires dans la périphérie urbanisée de la ville de Luxembourg. Ce nouveau tronçon de route permettra de déclasser le CR 181 (Chaussée blanche) à Strassen; il passera à l'ouest de cette route et reliera l'échangeur de Bridel à la route d'Arlon. Le nouveau tracé aura une longueur d'environ 1,5 km;

- le Contournement Nord de Diekirch, intégré dans l'avant-projet du plan sectoriel «Transports», constitue la seule solution pour délester le centre de Diekirch et le boulevard urbain de l'axe central Nordstad pour constituer une nouvelle liaison entre le carrefour Seltz, situé sur la N17, et le giratoire Fridhaff sur la N7/B7. Cette nouvelle route de liaison, dont la longueur sera de l'ordre de 4 kilomètres, aura également comme vocation de raccorder le site militaire du Herrenberg au réseau primaire de la voirie nationale par le nord, afin d'assurer la desserte du centre logistique sans passer par les zones d'habitation de Diekirch;

- le Contournement Sud de Alzingen sera réalisé dans le contexte des plans directeurs Midfield et Ban de Gasperich, mis au point par le Gouvernement en partenariat avec les communes de Luxembourg et de Hesperange;

- le Contournement de Troisvierges contournera la localité de Troisvierges en prévoyant soit une déviation par le nord-ouest (2 variantes), soit une déviation par le sud-est. Elle décongestionnera le trafic de transit et sécurisera la traversée de l'agglomération de Troisvierges avec la possibilité d'y prévoir un déclassement de la N12. La nouvelle infrastructure présentera les caractéristiques d'une route nationale à deux voies;

- le Nouveau pôle d'échanges intermodal du Höhenhof est un projet qui s'inscrit dans le cadre d'une nouvelle stratégie de mobilité durable et concerne principalement les flux voyageurs en provenance des régions est et nord-est. Il constitue une plate-forme intermodale captant d'une part la circulation automobile et accueillant d'autre part les lignes de bus régionales pour transférer les usagers vers le réseau des transports

publics desservant la capitale et les zones d'attraction périurbaines connexes. La zone d'implantation du pôle d'échanges est située sur le site du Höhenhof et délimitée au nord-est par l'autoroute A1 à hauteur de l'échangeur Senningerberg et du côté sud par les zones aéroportuaires aux alentours du Cargo-Center;

c) en ce qui concerne le champ d'intervention du département des Transports

- procéder à la réalisation d'un Point d'arrêt Dufferdange avec la mise en conformité des quais à voyageurs, du souterrain avec escaliers et ascenseurs;

- réaliser la Modernisation de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen - deuxième phase avec le renouvellement des installations de traction électrique. La ligne de Luxembourg à Kleinbettingen sera réalisée en trois phases;

- création d'un Point d'échange à Hollerich: il s'agit d'un projet dont le principal avantage sera de décharger massivement la gare centrale;

- raccordement ferroviaire Kirchberg, nouvel arrêt «Pont Rouge»: la construction d'une gare sous le pont Grande-Duchesse Charlotte constituera une importante plus-value pour le quartier du Pfaffenthal et pour le quartier du Kirchberg en permettant notamment aux personnes travaillant au Kirchberg de faire un gain de temps considérable pour leur trajet professionnel;

- Gare de Bettembourg: renouvellement et modernisation des installations de signalisation et de télécommunications. La nouvelle ligne ferroviaire à deux voies entre Luxembourg et Bettembourg étant devenue prioritaire, il est nécessaire de renouveler l'intégralité des installations de signalisation et de télécommunications de la gare de Bettembourg.

(s.) Fernand Boden, Lucien Clement, Fernand Etgen, Roger Negri, Marc Spautz.

Ech wëll dann ofschléissend och nach den Accord hei gi vun der CSV-Fraktioun. Ech wëll dann, ganz ofschléissend, dem Minister Merci soen an all senge Mataarbechter fir déi ganz konstruktiv Mataarbecht an och dofir, datt e bereet war, fir eis ganz am Detail all eenzelne Projet, deen zënter 2006 hei duerch d'Chamber gaangen ass, duerzeleeën, wou en drun ass. An ech mengen, dat ass eng interessant Diskussioun. Mir hunn, wéi gesot, nach net ganz am Fong déi Projeten iwwert de Fonds du rail diskutéiert, dat wäerte mer dann an den nächste Wochen nach weiderféieren.

Wéi gesot, Merci dofir, an lech Merci, datt Dir mer esou laang nogelauschtert hutt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Fernand Boden. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Debatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat ass ëmmer eng interessant a wichteg Debatt. Interessant fir d'Politik, et sinn Investitiounen an eis Ekonomie, et sinn Investitiounen an d'Zukunft vum eise Land, et geet drëm, d'Zukunftsfäegkeet vu Lëtzebuerg ënner Bewäis ze stellen.

Dës Debatt ass awer och interessant fir deen einfache Bierger. Firwat ass dat esou? Verkéiersan Infrastrukturprojeten hunn nämlech eppes gemeinsam: Si droen zur Liewensqualitéit vum de Bierger am wäiteste Sënn bäi a genéissen d'Opmierksamkeet vum der breeder Mass vun der Populatioun. Et sinn Diskussiounen, déi och d'Leit kënne bewegen a mobiliséieren, hir Mee-nung zum Ausdrock ze bréngen: an ONGen, a Biergerinitiativen, an Internetforen. An et ass gutt, datt et dës Biergerbedeelegung gëtt. Dat beschte Beispill hei: Stuttgart 21. Nach ni vir-drün hu sech esou vill Leit um politeschen Débat iwwer ee Bauprojet bedeelegt.

Här President, war dës Debatt iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten uganks geduecht, fir ee bessere finanziell Suivi ze garantéieren, gouf et een Émdenken an deene leschten zwee Joer, an et ass geziilt gekuckt ginn, wou déi eenzel Projeten, déi am Laf vun de Joren op d'Lëscht gesat goufen, an der Tëschenzäit dru sinn. An dës Prozedur muss ee weiderentwéckelen.

Entscheidungenden Erfolgsfaktor ass, datt de Projektmanagement esou effizient wéi méiglech soll gestalt ginn. All Projet soll op seng Fonctionnalitéit, op d'Käschte-Leeschtungsverhältnis, op d'Nofolgekäschten iwwerpréift ginn. Et gëllt, onnëtz Planungskäschten ze vermeiden. Dat heescht, datt déi verschidden Interesse vun Ufank u mussen berücksichtegt ginn. Jo, déi Kritikpunkten, déi de Mouvement écologique gëschter formuléiert huet, si berechtegt!

Et muss een awer Studië kënne maachen. Dës Studië mussen awer a voller Transparenz geschéien! Froen a puncto Landesplanung, Froe vu Mobilitéit däerfen net nëmmen an engem Büro vun engem Beamten am Ministère fir Landesplanung geléist ginn. All aner Acteuren, wéi eventuell concernéiert Regierungsdepartementen, wéi Gemengen, wéi ONGen, wéi eventuell Naturschutzsyndikater solle vun Ufank u mat-agebonne ginn. D'Transparenz muss vun Ufank un a während där gesamter Planungszeit spillen.

Här President, erlaabt mer am Kontext vun dëser Debatt awer och nach eng Kéier ee Wuert iwwert d'Landesplanung ze verléieren, eng Landesplanung, déi an de vergaangene Wochen am Kontext vun de Projekte Léiweng a Wickreng staark strapazéiert ginn ass. Konzepter wéi den IVL ginn an esou Kontexter ëmmer erëm nees op eng allgemeng Wëllenserklärung reduzéiert, un déi dës Regierung sech net ge-bonne spiert. Als DP bedauere mir, datt de Stat et net fäerdegbréngt, bei sengen Décisiounen déi grouss Linne vum IVL ze respektéieren, an dobäi misst dach grad bei engem integrative Konzept de Stat mam gudde Beispill virgoen!

Zënter 2004 gëtt un de sougenannte Plans sectoriels erëmgedoktert, ouni datt mir ee koordinéiert Konzept hunn. Nach ëmmer wësse mir net, wat een hei am Land op engem bestëmmte Meter carré därff maachen, well d'Plans sectoriels fir deeselwechte Meter carré verschidden an awer konträr Méiglechkeete vir-gesinn. Dat ass gläich fir eng Rei Projeten, déi vun 2006 un op der Prioritéitslëscht stoungen, de Fall.

All dës Projekte sinn awer Deel vun engem Gesamtkonzept, wéi d'Transportwiese sech hei zu Lëtzebuerg soll weiderentwéckelen, wéi den öffentlichen Transport ausgebaut an organiséiert gëtt, wéi d'Entwécklung vum Stroossennetz dorobber opbauend soll virgoen. Et därfft och net méi virkommen, datt de Stat nei Baupro-jeten op een net-IVL-kompatibele Site implan-téiert. An hei wëll ech als Beispill nëmmen de Bau vum Lycée technique agricole zu Gilsdref nennen.

Här President, en ausdréckleche Merci un den zoustännege Minister, deen eis dëst Joer een detailléierte Suivi vun deenen eenzelne Projekte ginn huet, een interessanten an duerchaus léierräichen Exercice. Een Exercice, deen der Chamber e bessert Versteesdemech gëtt, fir duerno en toute connaissance de cause iwwert déi respektiv Projets de loi ze befannen. Et huet eis awer och d'Geleeënheet ginn, fir festzestellen, datt den Tube vu Projekte verstoppt ass.

A mir stelle leider fest, datt et grad Projekte vu wichtege Schoulgebaier sinn, déi net rutschen. Am Joer 2005 schonn stoung ee Lycée pôle sud an ee weidere Lycée pôle nord an een drëtten Lycée sud-est um Programm. 2007 gouf et dunn eng méi prezis Etikett: Lycée technique Clervaux, Lycée plateau funiculaire Déifferdeng, Lycée zu Munneref. 2010 huet et du geheescht, datt dës Projekte laangfristeg géife gebaut ginn, dat heescht, op den Zäitraum no 2014 zrëck-gesat géifen. Déi lescht Woch bei der Presen-tatioun vum Budget fir 2012 huet de Finanzmi-nister dunn ugekënnegt, datt d'Planunge fir d'Lycéeën vun Déifferdeng a Clierf nees opge-holl géifen.

Här President, ech wëll hei nach just kuerz eng Kéier un d'Debatt vum leschte Joer erënneren, wou d'Demokratesch Partei vun de Regierungs-partiee schaarf attackéiert ginn ass fir hir Fue-rderung, de Bau vun de Lycéeën zu Mondorf, Clierf an Déifferdeng net zrëckzesetzen. Ech stelle mat Genugtuung fest, datt d'Regierung nëmmen ee Joer méi spéit op hir Décisioun zrëckkennt an elo awer zwee vun deenen dräi Lycéeën nees an de Plan pluriannuel opgeholl huet. Dësen Zickzackkurs werft awer kee gutt Licht op d'Investitiounspolitik vun dëser Re-gierung. Et weist, datt et der Regierung un enger klorer Linn an engem staarke Wëlle feelt, fir prioritär an d'Schoulgebaier ze investéieren.

Gläichzäiteg muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi realistesch dëst ass. Well mir mussen net nëmmen an der Infrastrukturpolitik vun der Re-gierung een Zickzackkurs feststellen, mä och an der Budgets- a Finanzpolitik. Virun e puer Méint nach huet d'Regierung ugekënnegt, datt se fir 2012 schonn, an domadder méi fréi wéi erwaart, een équilibréierte Budget kéint vir-leeën. Säit dem Dépôt vum Budget 2012 wësse mer awer, datt nees een décke Minus vu méi wéi enger Milliard Euro ënnert dem Stréch wäert erauskommen. Wéi mer do déi néideg finan-ziell Ressourcë sollen opbréngen, fir déi Pro-jeten ze realiséieren, gëtt eis awer net gesot.

Nach ëmmer waarde mir drop, datt ee Screening vun den Dépenses beim Stat gemaach gëtt. Nach ëmmer waarde mir drop: strukturell Reformen an de Beräicher vun de staatleche Subventiounen, vun der Aarbechtsmaartpolitik a vun der Familljepolitik. Ech stelle fest, datt

d'Demokratesch Partei eng kloer Positioun huet, wéi mir héich Investissementer géife finanzéieren. Ech stellen awer och fest, datt bei iwwer enger Milliard Euro Defizit an neie Prëten, déi de Stat muss ophuelen, ee groussen Deel vun de Projeten, déi haut op der Lëscht stinn, vun der Regierung op Pump gebaut wäerte ginn, wa se dann iwwerhaupt gebaut wäerte ginn!

Mä komme mer zrëck zu de Lycéeën. Schon 2005 huet de Plan sectoriel «Lycées» d'Besoiné vun neie Schoulgebaier kloer ëmraass. Däerf ech d'Regierung dorunner erënneren, wat am Plan sectoriel «Lycées» zum Beispill vum Clierfer Lycée steet. Ech zitéieren: «Certains vides scolaires de type relatif, voire absolu, sont clairement apparus, notamment sur les cartes représentant l'accessibilité scolaire. Le plus important d'entre eux se situe dans l'extrême nord du pays et couvre approximativement le grand canton de Clervaux. L'extrémité nord de cette zone constitue même, en raison de son grand éloignement de tout lycée, un vide absolu.»

Här President, de Plan sectoriel «Lycées» huet net méi an net manner gesot, wéi datt d'Kan-ner an de Regione ronderëm Clierf, Mondorf an Déifferdeng benodelegt ginn doduerjer, datt et kee Lycée an hirer Géigend gëtt. Dont acte!

Mat der DP wär bei de Schoulen net gespuert ginn. D'Zuele vum Éducatiounsministère be-leeën et, mir brauchen déi Lycéeën elo haut, net muer. Kee kann de Contraire behaapten. D'Regierung spuert hei op där denkbar schlechtster Plaz: bei den Investissementer, bei den Infrastrukturprojeten! Well dat sinn Investis-ssementer an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger, et sinn Investissementer an eis Ekono-mie, et sinn Investitiounen an d'Zukunft vum eise Land.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).** - D'DP kann net domadder d'accord sinn, datt Projekte wéi déi vu Mondorf op 2016, 2017 oder 2018 zrëckge-sat ginn. Als Demokratesch Partei bedauere mir ausdrécklech, datt de Lycée fir Munneref nach ëmmer keng Prioritéit vun dëser Regierung ge-néisst. Sechs Joer nodeem dës Chamber greng Luucht ginn huet, fir mat der Planung vun dësem Projet unzefänken, ass d'Planung vun dësem Projet op den Zäitraum no 2014 zrëck-geréckelt ginn! Duerfir wëll ech eng Motioun déposéieren, fir direkt d'Planung vun dësem Lycée erëm opzehuelen.

► **M. Carlo Wagner (DP).** - Très bien!

► **Une voix.** - Très bien, Här Wagner.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *saluant la décision du Gouvernement de lever la mise en suspens des projets de lycées prévus à Clervaux et à Differdange;*

- *constatant que le projet d'un lycée dans la région de Mondorf-les-Bains reste toujours sus-pendu;*

- *considérant que le plan sectoriel «Lycées» constate un «vide scolaire» pour la région du sud-est du pays;*

invite le Gouvernement

à faire avancer dans les meilleurs délais les travaux de préparation en vue de la construction d'un lycée dans la région de Mondorf-les-Bains.

(s.) Fernand Etgen, Eugène Berger, Paul Helming, Claude Meisch, Carlo Wagner.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, weider Schoulinfrastrukturen, déi am Tube peche bliwwen sinn, sinn Infrastrukturen an der Nordstad, engersäits den Nordstadlycée, de Ly-cée technique Ettelbréck, den CNFPC, fir deen et säit 2008 heescht: „terrain d'implantation non défini; comité d'acquisition en prospec-tion“. An d'Schoulministesch gëtt net midd, fir ze affirméieren oder och vläicht fir ze accuséie-ren, wa se am Kader vum Comité politique Nordstad seet: „An der Nordstad ass et am schlemmsten, wat d'Defiziter vun de Schoulin-frastrukturen ubelaangt“.

Als Demokratesch Partei géife mir eis och hei méi een zilstrebegt Virgoe vun alle concer-néierte Regierungsmembere wënschen. Et ass scho schwéier nozevollzéien, wa bei engem Projet wéi dem Lycée technique du centre, réa-ménagement et agrandissement, deen 2005 op d'Lëscht gesat gouf, am Joer 2011 steet: „étude de faisabilité en cours“. Do fänkt een awer un ze zweiwelen, wann een dann de Finanzminister bei der Budgetpresentatioun



héiert, dee seet, datt d'Schoul fir d'Regierung eng Prioritéit ass.

Här President, absolut positiv dogéint wëlle mer de Bau vun engem neie Gebai fir d'Natur- a Fëschverwaltung zu Dikrech bewäerten. Dëst ass e richteg Schrëtt vun Dezentralisatioun vun öffentleche Verwaltungen. Et ass awer och een exzellent Signal fir d'Nordstad als drëtten Entwécklungspôle vum Land.

Här President, leidenschaftlech ass am Gemeindegewahlkampf iwwert déi verschidden Ëmgehungsstroossen diskutéiert ginn. Eng Ëmgehungsstrooss dréit an der Regel zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Leit bäi an hëlleft, de Verkéier an der Agglomeratioun op ee Minimum ze reduzéieren. Endlech, kann ee scho bal soen, datt d'Nordëmgehung vun Dikrech als eng Prioritéit vun der Regierung ugesi gëtt!

Wa mer an der Nordstad wëllen ee modernen an attraktiven Dénkschleeschtungszentrum schaffen, eng Hauptstad respektiv ee Serviceprovider fir déi ganz Ardenen, da mussen fir d'Éischt emol d'Infrastrukture geschafte ginn.

Wéi am Süden no 20 Joer déi sougenannt Collectrice du Sud bis fäerdeg war, war et méi wéi einfach, déi wirtschaftlech Diversifikatioun weiterzeféieren. Datselwecht gëllt fir den Nordstadraum. Och hei brauche mer e kohärent Mobilitéitskonzept a kee Fläckwierk, wou mat enger Salamatik Décisionen no hanner verdrängt ginn.

Eppes ass kloer: D'Kärstéck vum Nordstadprojekt ass d'Realisatioun vun der nevalgescher Zentralachs Ettelbréck-Dikrech, déi awer verkéiers-technesch eréischt méiglech gëtt mat der Realisatioun vun der Collectrice Nordstad, dat heescht mam Bau vun der Südwestëmgehung vun Ettelbréck, dem Bau vun der Nordëmgehung vun Dikrech an dem Bau vun der Blesbréck bis op de Fridhaff an dem Ausbau vun der B7 op véier Spure tëscht Schieren an dem Fridhaff.

(Interruption)

Här President, erfreelech ass et, och ze gesinn, datt weider bei der Eisebunn investéiert gëtt, fir d'Attraktivitéit vum Schinnennetz ze optiméieren. Erlaabt mer, hei d'Neigestaltung vun der Gare zu Déifferdeng ze ernimmen. Hei ass zesumme mat der Gemeng Déifferdeng, de Ponts & Chaussées an den CFL an engem integrative Prozess een innovative Projet développéiert ginn: d'Verbannung vum ale mam neie Staddeel, de Plateau funiculaire, wou hoffentlech geschwënn een neie Lycée kënnt, de Réaménagement vun der Stadentrée mat engem Tunnel fir déi verschidde Quartiere mateneen ze verbannen, den Neibau vu Wunnengen a Commercebetreiber direkt bei der Eisebunn an de Bau vun engem Parking direkt beim Zucharrêt. Eng Schaffensart a -weis, déi een nëmme ka begreifen!

Ech wëll och net weider op all eenzel Projeten agoen, de Rapporteur, de Kolleg Fernand Boden, huet dat ausföerlech gemaach, an ech wëll him ausdrécklech Merci soe fir säi prezise mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Här President, all Joer gëtt bei dëser Debatt vill a schéi geschwat vun neien ambitiöse Projeten. De Stat huet eng substantiell finanziell Enveloppe, fir dës Projeten ze finanzéieren. Well den Tube awer verstoppt ass, kënnt besonnesch d'energetesch Sanéierung vu bestehende staatleche Gebaier absolut ze kuerz.

Als DP hätte mir gären e prezüst Albausanéierungskonzept fir öffentlech Gebaier. Et wär dëst ee wichteg Signal un d'Privatbetreiber. De Stat muss hei senger Virbildfunktioun nokommen. Et wär dëst ee wichtige Schrëtt, fir den CO₂-Ausstouss ze senken, awer och fir deene Lëtzebuerger Betreiber Aarbecht ze ginn.

E gutt Beispill hei ass d'Modernisatioun vun de bestehende Gebaier um Härebiere. Hei ass et d'Fro, ob et net méi opportun wär, déi bestehend Pavillon ofzerappen an nei funktionell Gebaier ze plangen, déi de reelle Bedierfnisse gerecht ginn. Ee Projet, deen 2009 op d'Lëscht gesat gouf, a bei der Rubrik „État d'avancement septembre 2011“ ass näischt - guer näischt! - agedroen.

Zum Schluss wëll ech de Wunsch ausdrécken, datt dës Prioritéitlésch keng simple Déclaration d'intention ass, mä datt konkret elo op dës Projete geschafft gëtt an eng Realisatioun a kuerzer Zäit méiglech gëtt. Prioritéite setzen därer jiddefalls net heeschen, déi Projeten auswien, déi solle leie bliwen.

No all deenen Explikatiounen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun zu dëser

Lëscht, an och wat d'Motioun ubelaangt, ginn. Et geet hei ëm Investitiounen an d'Zukunft, mat Gelder, déi eis vum Steierzueler uvertraut ginn. Ech géif mer wënschen, datt all d'Projeten - well si sinn all néideg - gutt virukommen!

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Etgen Merci, an als nächste Riedner ass den Här Fernand Diederich agedroen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- Merci, Här President. Här Minister, Kolleginnen a Kollegen, de Rapporteur war a sengem mëndleche Bericht bal esou ausföerlech wéi mat deem schrëftlechen, sou datt et schwéier ass, elo nach alles opzezielen. Ech wëll mech, och nom Exkurs vu mengem Virriedner, geografesch an historesch op déi Projete vun dësem Joer limitéieren.

D'Formatioun vun de Leit aus de Gesondheetsberuffer, där kënnt eng grouss Bedeitung zou fir den Nowues, a si soll dezentral op jee engem Site am Zentrum, am Süden an am Norden ugebuede ginn. Wa fir Bascharage 22 Milliounen virgesi sinn - de Rapporteur huet dat elo grad scho gesot -, sou si fir de Site Ettelbréck, deen am Joer 2008 dës Prozedur passéiert huet a wou d'Étude vum Avant-projet détaillé finaliséiert ginn, 29 Milliounen Euro virgesinn. Et wier och gutt, wann d'Aabechten um Site Lëtzebuerg, Här Minister, zu Bouneweg geschwë kéinten ugoen, wou et Problemer mat der genauer Implantatioun gëtt.

D'Gemengen aus der Nordstad... Ech si frou, datt mai Virriedner och dofir sech asetzt - en ass nach net eran -, mä en hält ëmmer zu eis, wann do d'Iddi vun der Nordstad ze verrieden ass.

D'Gemengen aus der Nordstad sinn och frou, datt den dezentrale Gedanke sech endlech och an engem konkrete Projet vum Stat zu Dikrech erëmfënnt, an zwar an der Realisatioun vum Gebai fir d'Direktioun vun der Administration de la Nature et des Forêts. Mir hu viru 14 Deeg et fäerdegbruecht, haaptsächlech mat Gemenge vun der Nordstad, eng regional Schwämm vun acht Gemengen do opzemaachen, anzeweien. An dat ass och wichteg, well mir kréie vun de Leit ëmmer gesot, no all eise schéine Pläng, no all eise Studien, déi mer gemaach hunn, eisem Masterplan, geschitt net genuch konkret um Terrain. Ech mengen, hei ass e gutt Beispill, fir där Saach opzehëlfen, datt mer och um Site vun der Nordstad eng ganz Rei aner Arichtungen nach kënne kréien.

Et ass net de Moment, fir op all déi eenzel Contournementer anzegoen. Mir mengen awer, datt mer dës Ëmgehungsstroosse brauchen. Och wa Kritiker behaupten, dëst géif den Individualverkéier förderen, sou dënge se awer och dem öffentlichen Transport, an et ass nach ni esou vill investéiert ginn am Budget wéi an de leschte Jore fir den Transport public. Et ass een Deel vum Transitverkéier och aus deene Stroossen eraushuelen, wou en de Leit hir Liewensqualitéit stéiert. Dëst sinn och Iwwerleeungen, déi ee muss féieren.

Ausserdeem huet den Zäitverloscht vu Gefierer, déi am Stau stinn, een negativen Impact op eis Kompetitivitéit. Déi zwou Stonnen, wou d'Camionnette am Stau steet pro Dag, mussen awer och un d'Salarié bezuelt ginn a ginn natierlech och un de Client um Enn verrechent.

Wann och jiddweree mengt, bei him wier de Problem am gréissten - et versteet een dat -, sou wëll ech kuerz awer zwee rezent Beispiller nennen. Scho virun der Rushhour, also schon um hallwer fënnf, geet et ganz lues virun, am Schrëtttempo, vu Walfer op Luerenzweiler, wou eng zweet Brems op eis waart: Wann ee mengt, et géif elo virgoen an den Tunnel, wann deen Tunnel dann, wéi gesot, all zweeten Dag bal gespaart ass, sou datt ee roueg, bei engem schwieriger Passage zu Miersch, vu Walfer op Colmer-Bierg fir 18 Kilometer mat wäit méi wéi enger Stonn ka rechnen.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- Och hei gëtt et Leit mat Terminer, déi een domat onméiglech kann anhalen, wann een esou eng Differenz an der Zäit da muss a Kaf huelen.

Iwwert datt zweet Beispill war virun zwee Deeg e Lieserbréif an der Zeitung, an deem e Mann sech beschwéiert huet, datt d'Autoen, déi an d'Kontrollstatioun zu Sandweiler wollte fueren, bis wäit op d'Strooss zrëckgestanen hätten. Ech iwwerloossen et jiddwerengem vun lech, sech selwer seng Meenung ze bilden, wéi d'Situatioun géif ausgesinn, wa mer de Contournement vu Sandweiler net gebaut hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech iwwerloossen et herno mengem Kolleg Roger Negri, fir och iwwert d'Eisebunnprojeten ze schwätzen.

► Plusieurs voix.- Aahhh!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fernand Diederich. Als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken e grouse Merci un den Här Fernand Boden fir seng Erklärungen zu der Hällewull vun de Projeten, ëm déi et haut geet.

Wéi Dir wësst, sinn d'Koalitionsverhandlungen tëscht der SPD an deene Gréngen zu Berlin kierzlech um Ausbau vun enger Autobunn gescheitert. An och hei am Land wiere mir eis géint Infrastrukturen, déi den Akzent op den Individualverkéier leeën an d'Ziler vum Klimaschutz net respektéieren.

„Onbeléierbar Infrastrukturgéigner“, wéi déi Gréng zu Berlin pauschal genannt gi sinn, si mir allerdéngs net. Wann et ëm Infrastrukture geet, déi vu grousem gesellschaftlechen Notze sinn, oder ëm Investissementer an eng ëmweltfrëndlech Mobilitéit, da si mir net nëmmen d'accord mat neien Infrastrukturen, mä da fuerdere mir se och ganz kloer.

De gréissten Deel vun de Projeten, ëm déi et haut geet, ginn an déi gutt Richtung; wat mir begreifen. Fir d'Éischt zu de Gebaier, wou et jo virun allem ëm den Neibau, den Ausbau oder d'Renovatioun vun net manner wéi 20 Schoule geet. Dat si wäertvoll Investissementer an d'Jugend an domat an d'Zukunft vum Land. Och wann an de leschte Jore e gewëssene Ralent ageluecht gi war, schéngt et jo elo, wéi wann dee beschleunegt géif ginn.

Déi gréng Fraktioun, an net nëmme si, freet sech an deem Kontext och iwwert d'Ukënnegung vum Här Minister Frieden beim Dépôt vum Budget, datt d'Projete vum Déifferdenger a vum Clierf Lycée nees an de Programm integréiert ginn, nodeems se riskéiert hunn, der Spuerpolitik vun der Regierung zum Opfer ze falen.

Eng Stad mat iwwer 22.000 Awunner wéi Déifferdeng, déi drëttréisst Stad aus dem Land, brauch e Lycée a soll e kréien, gradesou wéi Clierf, wou duerch dës Bau de Schüler ganz vill Trajeten erspuert bliwen.

Eng Schoul, déi ech besonnesch erwirhiewe wëll, ass awer de Centre de logopédie, wou no laanger Zäit endlech Neel mat Käpp gemaach ginn. An de leschten zéng Joer huet d'Zuel vun hörgeschädigte Kanner a vun de Kanner mat Sproochdefiziter sech hei am Land praktesch verduebelt a läit momentan bei iwwer 5.000. Dat sinn der erschreckend vill, woubäi een déi Zuel natierlech muss relativéieren, well net all Kand mat ganz graven Defiziter belaauscht ass.

Wa mir déi Kanner esou séier wéi méiglech an den normale Schoulsystem integréieren wëllen an hiren Openthalt an enger isoléierter Struktur zäitlech op e Minimum beschränke wëllen, sou wéi d'Behënnertrechtskonvention dat virgesäit, da brauche mir net nëmme gutt Personal, mä och effikass an héich funktionell Infrastrukturen.

De Centre de logopédie ass keng Schoul wéi déi aner, well Kanner mat Defiziter eng spezifesch individuell Forderung brauchen an oft getrennte Raim. Dat geet nëmmen, wa genuch Raim zur Verfügung stinn, mat jeeweils enger staarker Schallisolatioun, wa genuch Bewegungsméiglechkeete bestinn a wann d'Gestaltung vun de Klassen all flexibel bleift.

Well d'Personal aus deem Secteur d'Problematik vun deene Kanner am beschten aschätze kann, wär et a mengen Ae wichteg, déi Leit vun Ufank un an déi konkret Planung anzubannen, an net wann et ze spéit ass.

Iwwert d'Energiestandard d'vun de Gebaier ass just bei zwee Projete Rieds gaangen, notament bei der Direktioun vun der Natur- a Forstverwaltung, déi jo am Hôtel du Midi zu Dikrech soll ënnerbruecht ginn, a beim Ausbau vum technesche Lycée fir Gesondheetsberuffer zu Bascharage, wou d'Planung scho méi konkret gëtt.

D'Fro ass, firwat net d'office bei alle Gebaier esou Standarden ageplant sinn, amplat datt just vun zwee Virzeigemodeller geschwat gëtt. Méiglecherweis komme se nach, wann d'Planung méi konkret gëtt.

Aner Froen, déi ech an deem Kontext wëll opwerfen, si folgend: Liwweren d'Baufirme bei staatleche Projeten d'Garantie, datt hir Gebaier deem Standard, deen an de Pläng festgehalten ass, och wierklech entsprechen? A wéi eng Méiglechkeeten huet de Stat, fir dee Standard duerno ze iwwerpräiwen?

Den zukünftigen Energiepass fir öffentlech Gebaier geet a mengen Aen net duer a mécht nëmme Sënn, wann d'Personal oder d'Schüler an de Schoule mat de Portieren agebonne ginn. Well den Energieverbrauch ganz vill vum Verhale vun de Leit am Gebai ofhänkt, sollt

dowéinst an Zukunft ganz vill Wäert op d'Astelle vu geschultem Personal geluecht ginn, fir d'Gestioun am Beräich vun der Consommation vun der Energie matzestalten a mat ze iwwerwaachen.

Eng aner Fro ass déi, ob eis Regierung konsequent mat auslännesche Fuerscher an Experten zesummeschafft an ob Schoulunge vum Lëtzebuerger Handwerk a vun de Betriber weidergedriwwen ginn, fir de Lëtzebuerger Marché an domat déi Lëtzebuerger Economie am Beräich vun der Energie weiderzeentwéckelen an ze stäerken.

Schliesslech stellt sech nach d'Fro vun der Bau- biologie, déi e groussen Afloss op d'Gesondheet an op d'Wuelbefanne vun de Mënschen huet, déi an deene Gebaier liewen oder studéieren. Do feelt et un ekologesche Kritären, déi dréngend néideg wären, fir schiedlech Afloss op d'Benotzer vun deenen Infrastrukturen vun Ufank un ze verhinieren.

Ech komme bei d'Eisebunn, wou eng ganz Rei vun Transformatiounen an den Ausbau vu verschiddenen Infrastrukturen ustinn. D'Sich no Alternativen zum Auto an d'Verbesserung vum öffentlichen Transportsystem huet fir eis ieweschst Prioritéit, sou datt mir dës Projeten an hirer Totalitéit ënnerstëtzen, mat just e puer Remarquen.

Wa mir d'Biergerinnen an d'Bierger wierklech wëllen dozou motivéieren, den Auto an der Garage stoen ze loossen oder souguer ganz drop ze verzichten, fir den öffentlichen Transport zum Alldag ze maachen, da geet et net duer, datt déi regional Verbindunge konsequent ausgebaut ginn, mä da mussen d'Infrastrukturen och méi benotzerfrëndlech ginn.

Wann een an enger Gare beschtefalls nach eng E-go-Kaart ze kafe kritt, da kann de Beamten oder d'Beamtin esou frëndlech si wéi se wëllt, mä d'Gare gëtt doduerch net méi attraktiv. Dofir si mir der Meenung, datt och méi kleng Garen an de Regiounen nees e Gesiicht musse kréien a mat Liewe musse gefëllt ginn, wa mir méi Leit an den Zuch wëlle kréien an zumools och eelere Leit d'Gefill vun enger gewësser Onsécherheet op der Gare a ronderëm wëllen huelen.

► Une voix.- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Derbäi kënnt, datt nach ëmmer eenzel Garen am Land net behënnertegerecht sinn an domat d'Konditiounen vun der héich geluefter Behënnertrechtskonvention, déi mer jo kierzlech hei ratifizéiert hunn, net respektéieren.

► Une autre voix.- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dann zum leschten an zum heikelste Volet, zumindest aus der grénger Siicht. Dat ass dee vum Stroossebau mat enger Rei vu Contournementen, déi net nëmmen dem Här Minister a senger duebeler Funktioun vun Transport- an Ëmweltresponsablem Kappzerbriches maachen, mä och der grénger Fraktioun ganz vill Suerge bereeden.

D'Zil vun enger Ëmgehungsstrooss ass jo eigentlech, fir den Duerchgangverkéier aus den Uertschaften erauszehalen an domat d'Liewensqualitéit an den Uertschaften eropzesetzen.

Op den éischte Bléck kléngt dat duerchaus positiv. Op den zweete Bléck kléngt et awer scho ganz anescht, well eng ganz Rei Nodeeler duerch de Bau vu Contournementen kënne entston an den Haaptproblem vum iwwerméissegen Individualverkéier, mat all sengen negative Konsequenzen, an eisem Land net geléist gëtt.

Éischstens invitéiert all Strooss, déi gebaut gëtt, zum Gebrauch vum Auto a fördert op déi Manéier en onekologescht Verhalen. Zweetens besteet och de Risiko, datt eng Ëmgehungsstrooss den héijen Trafic respektiv de Stau an d'Nopeschregioun verlagert, sou datt sech ënnert dem Stréch net ganz vill ännert, ausser datt eng aner Uertschaft oder eng aner Regioun betraff ass. Drëtstens kënnt et oft zum Konflikt tëscht den Ziler vun der Mobilitéit an deene vum Natur- an Ëmweltschutz, wou d'Natur am Kampf géint eis beharrlech Autoslobby meeschtens zum Verléierer gëtt.

Konkret heescht dat Folgendes: Déi ugekënnegt Ëmgehungsstrooss vun Dikrech - sollt se da gebaut ginn - wäert doudsécher en negativen Impact op d'Gréngzonen hunn an op d'Biotopen an där Géigend, egal wéi eng vun de sechs Variante schlussendlech zrëckbehalte gëtt. Dat geet aus de Kommentare vum Plan sectoriel ervir.

Eis Hoffnung ass déi, datt an der ustoender Mobilitéitsetüd fir d'Nordstad och d'Natur hiert Wiertche matzeschwätze kritt an datt et dann iwwerhaapt net zum Bau vun där Strooss kënnt. Ech zitëiere just ee Kommentar aus dem Rapport: «L'impact paysager du contournement est indéniable.» Dat heescht jo awer alles.



Bedenklech ass och de Contournement vun Alzeng, bei deem schonn eleng déi héich Zuel vun zéng méigleche Varianten op eng héich Ëmweltproblematik schléisste léisst.

Als problematesch gëllt donieft och de Contournement vun Ëlwen, wou am Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» op en negative visuellen, akusteschen a funktionellen Impakt op de Quartier vun der Gare higewise gëtt, vun der Landschaftsersiedlung emol ofgesinn.

An dann nach - virausbléckend - e Wuert iwwert den ëmstriddene Contournement vu Bascharage an Dippech, bei deem an e puer Méint eng Décisioun wäert geholl ginn, sou wéi den Här Minister dat an der Kommissioun versprach huet. Wat eis an deem Dossier net gefält, ass, datt d'Impaktstudie an zwou Phasen ofleeft an doduerch keng global Analys vun der gesamter Situatioun erméiglecht.

► **Une voix.**- Salamitaktik!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Esou wéi déi EU-Richtlinn et virgesäit, misst schonn am Virfeld déi ganz Regioun, déi hannert dem éischten Deel vun der geplangter Strooss hänkt, an d'Etüd abezu ginn, fir duerno béis Iwwerraschungen ze vermeiden. „Salamitaktik“ kann een et nennen!

An deem Kontext stellt sech dann och d'Fro vun den Échangeuren, fir de Contournement un d'Collectrice du Sud unzebannen. Hei risquéiert e wichtege Naturprojet am Beräich vun der Renaturéierung vun der Chiers a Gefor ze geroden, wat net vertriebbar wär. Woubäi ee muss wëssen, datt dee Projet als Kompensatiounsmoossnam fir eng aner Zerstéierung vun der Natur scho realiséiert ginn ass.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus hu mir bei dese Projeten eis Bedenken a kritiséieren eng weider Kéier, datt d'Plans sectoriels, also och dee vun de geschützte Landschaften, nach ëmmer keng legal Basis hunn an domat keng gesetzlech Steueringsinstrumenter bestinn.

D'Contournemente sinn à la limite fir eis an Zukunft just da vertriebbar: éischstens, wann an de Gemengen an ausserhalb vun de Gemengen dat ganz Potenzial vun öffentlichen Transportméiglechkeeten ausgeschöpft ass; zweetens, wa parallell dozou kommunal a regional Vëlos-a Foussgängerkonzepter realiséiert ginn a vum Stat ënnerstëtzt ginn, fir den Noverkéier innerhalb an ausserhalb vun den Uertschaften op e Minimum ze beschränken; an drëttens, wann de Konflikt tëscht Mobilitéit an Ëmweltschutz sech net stellt an d'Natur net zum Verléierer ka ginn, esou wéi bei de Boulevardë vu Märel an Zéisseng.

Déi Konditiounen sinn hei net erfëllt an dofir wäert déi gréng Fraktioun sech enthalen, trotz begrëssenswäerte Projeten am Beräich vun de Gebaier a vum öffentlichen Transport.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Merci, Här President. Ech mengen, mir hunn hei an der Chamber eng flott Debatt iwwer esou een Investitiounsprojet, well normalerweis misst et jo all Kéiers esou sinn, datt mer eréischt bei Projets de loi iwwer 45 Milliounen missten onsen Avis ginn. Hei hu mer d'Geleeënheet, fir bei deene Projeten iwwer zéng Milliounen och kënne mateschwätzen an notamment driwwer ze diskutéieren, ob Etüde solle gemaach ginn oder net.

Ech wëll direkt soen, datt mir och d'accord sinn, fir déi Etüden, esou wéi se elo an der Motioun virgehale sinn, kënnen duerchzeféieren, mä mir mengen awer och, datt e puer aner Projekte misste realiséiert ginn, notamment de Lycée zu Mondorf, an datt och sollten um Härebiere d'Kasären nei gemaach ginn. Ech mengen, datt ass eng Noutwendegkeet. Dat gesäit ee sur place, datt dat absolut noutwendeg ass.

Mä et sinn awer och nach e puer aner Punkten, déi ech wollt diskutéieren an déi am Rapport stinn, wou ech dem Rapporteur zwar Merci soen, dem Här Boden, datt en dat ganz ausféierlech beschriwwen huet, wat do nach virgesinn ass, mä et sinn awer nach e puer Punkten, wou ech wollt de Minister drop hin interpelléieren.

Dat ass d'Nordstrooss. Hei ass zum Beispill en neie Kredit am neie Projet de loi virgesinn. Wann et en neie Projet de loi ass, huelen ech un, datt et iwwer 45 Milliounen ass. An ech fänken un ze mengen, datt déi Nordstrooss elo bal, wat de Montant global vun den Dépenses ugeet, Weltrekord kritt. Ech wollt dofir froen, wat dann elo am Prinzip misst iwwert dee Projet de loi vun der Nordstrooss do finanziéiert ginn.

Da muss een och soen, datt ganz vill vun deene Projeten, déi mer haut diskutéieren, a Liaison si mat de Leit, déi an d'Land schaffe kommen, mä speziell an d'Stad. Hei gëtt et och ganz wichteg Contournementen: de Boulevard de Merl, Contournement Zéisseng, den Norde vu Stroossen, Süd-Alzeng.

Ech mengen, dat si lauter Contournementen, déi mer och begrëssen, well se absolut noutwendeg sinn an deem Kontext, individual gesinn. Mä et wier awer och net schlecht, Här Minister, wann Der ons kéint soen, ob dat sech an d'globaalt Verkéierskonzept integréiert. Ech huelen dat un, mä dat steet net am Rapport. An dofir wier et awer gutt, datt een dat géif global nach eng Kéier...

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et ass awer esou, Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Et steet esou dran. Ech hunn hei just nuren déi eenzel Konture gesinn, mä ech wëll soen, datt vun engem globale Konzept Rieds geet, mä datt et net onbedéngt esou kloer ausgedréckt ass.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech erklären Iech et a fënnf Minutten.

► **M. Fernand Boden** (*CSV*), *rapporteur*.- Da mussen mer d'accord dermat sinn.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Jo, dat ka sinn. Mä wéi heescht et schonn: „De Gemengerot heescht esou, well e rode muss, wat de Schafferot an der Stad Lëtzebuerg decidéiert.“ Dat wäert nach ëmmer esou sinn an dat ass leider eng Konstant gewiescht an där ganzer Zäit, wou ech am Gemengerot an der Stad wor.

► **Une voix.**- Et ass och op anere Plazen esou.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Mir wäerten Iech vermessen.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Et gëtt vläicht och nach aner Plazen esou.

Da gesäit een och, datt den Höhenhof, datt mer do beim Cargozenner och wellen eng Infrastruktur baue fir den Tram, fir d'Bussen. Och do schéngt et mer, datt ganz villes dovunner ofhänkt, ob et iwwerhaupt en Tram gëtt, deen dorobber fiert, datt een och do muss ganz vill Bedenken hunn. An dofir si mer natierlech frou, wa mer eng Etüd kréien, fir elo e bësse méi konkret gewisen ze kréien, wat genau do virgesinn ass.

Da geet hei och Rieds iwwert den Arrêt bei der Rouder Bréck, fir do vum Pafendall aus eropzekomme bis op de Kierchbiere, e Shuttle. Do ass et eng Zahnradbahn, déi do soll eropfuere. Ech wëll do just der Regierung soen, datt a verschidde Länner, wou ech wör, fir ähnlech Distanzen ze bewerkstellige do e puer Rolltrape successiv déiselwecht Léisung bruecht hunn a méi Avantagé bruecht hunn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här Henckes...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Ech wëll net soen, datt dat muss esou sinn. Do mussen jo d'Experten dofir do sinn, mä ech ginn awer just déi Alternativ och nach mat ze bedenken, wa vläicht aner Saachen do kéinten eng Hëllef bréngen.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech wëll just soen, Här Henckes, dat hu mer selbstverständlech gekuckt. Dat wor jo och dat Éischt, wat ech proposéiert hat. Mä d'Experte soe ganz kloer: Weinst der Quantitéit vun de Leit a weinst der Zäit fir eropzefueren ass dat hei déi besser Léisung.

A si huet nach en anereren Advantage. Dat ass deen, datt mer fir déi ganz Mobilité réduite, dat heescht, fir handicapéiert Leit, och eng Léisung direkt mat hunn, déi mer soss nient de Rulltrapeen och hätten nach misse maachen. Fir handicapéiert Leit, fir Leit mat Kutschen, fir Leit mat Vëloen ass dat hei déi besser Léisung. De Verglach ass gemaach ginn. Dir hutt recht, et ze froen, mä d'Antwort ass awer ganz kloer.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Här Minister, Dir wësst, datt mer net an där zustänneger Kommissioun bei Iech sinn. Dofir kritt Der vun ons méi Froe gestallt elo an der öffentlecher Sitzung.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech hunn och gär, wann Der mer Froe stellt. Ech ginn Iech och ganz gär d'Antworten.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Voilà, voilà! Dann hu mer eng Debatt, déi natierlech och nach d'actualité ass, mä déi awer och schonn e gewëssenen Historiker huet. Dat ass déi vum Tram respektiv vun der ënnerierde-

scher City-Tunnel-Léisung oder RER-Léisung, déi och nach zur Debatt steet.

Hei liesen ech, datt am Rapport Rieds geet vun enger Etüd, déi misst gemaach ginn, wou iwwert den Impact environnemental géif Rieds goen. Do wieren also Geforen, datt, wann deen Tram géif gebaut ginn, dat deen Ablack negativ Aspekter op d'Natur géif hunn. Dofir wollt ech den Här Minister froen, datt, wann ee schonn eppes mécht, fir kënnen ëmweltfrëndlechen öffentlichen Transport ze maachen, een dann net muss op eng Kéier d'Natur och nach futti-maachen oder a Gefor werfen. Dofir wier ech frou, wa mer do kéinten Opklärung kréien, wat déi Problematik ass, déi do soll studéiert ginn.

Dann hätt ech och geduecht, datt sämtlech Etüden, wat den Tram ugeet, ofgeschloss wieren. Ech hunn awer gemierkt, datt bei de leschte Gemengerotswahle vusäite vun der CSV gesot ginn ass, et missten nach Etüde gemaach ginn.

► **Une voix.**- Wat fir eng CSV war dat dann?

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Ech hat éischter geduecht, datt et dorëm géif goen, fir datt och nach Etüde sollte gemaach ginn iwwer eng ënnerierdesch Léisung. Well ech mengen, déi Etüden, déi bis elo virleien, dat si Witz-Rapporten! Dat kann een direkt vergiessen, dat ass net seriö. Mä et wier awer richtig, datt och eng Alternativ misst diskutéiert ginn, wat eng ënnerierdesch Léisung ugeet, entweder déi vum RER oder, wéi se och an der Debatt steet, fir manner déif ze fueren, wat och nach eng Alternativ wier.

An déi zweet Etüd, déi absolut noutwendeg wier, wann eng seriö gemaach géif ginn: wéi laang Zäit ee brauch, wann den Tram géif kommen, fir vun der Gare op de Kierchbiere ze kommen. Do huet een och eppes gelies, wat net seriö ass. Mä déi Etüden, déi bis elo gemaach gi si vu verschidde Säit weisen, datt een deen Ablack, wann ee géif den Tram huelen, 41 Minutte géif brauche vun der Gare op de Kierchbiere, géigeniwwer 21 Minutten elo mam Bus.

Woufir? Well wa méi Leit transportéiert gi mam Tram an och e méi grouse Contour ass, da brauch et vill méi Zäit, fir d'Leit eran- an erauszeloossen. Dat sinn Etüden, déi gemaach gi sinn. Dofir wier et gutt, wann och eng offiziell an eng neutral Etüd géif gemaach ginn, fir hei de Bierger Opklärung ze ginn.

D'autant plus, datt et viraussichtlech wäert esou sinn, datt, wat dee Projet do vum Tram ugeet, et héchstwahrscheinlech zu engem Referendum wäert kommen, well 5% vun de Bierger aus der Stad Lëtzebuerg, vun de Wieler aus der Stad Lëtzebuerg kënnen um Gemeinniveau esou e Referendum froen. An dann ass et natierlech gutt, datt natierlech deen Ablack och mat deem Aktiouncomité géint den Tram, wann deen esou eppes mécht, a mat de Bierger zesumme kann eng seriö Diskussioun gefouert ginn, mat allen Informatiounen an alleguerten den Etüden, déi dofir noutwendeg sinn.

Dofir wier ech frou, wann d'Regierung sech géif engagéieren, fir och nach eng Kéier déi Etüden, wat déi ënnerierdesch Léisung ugeet, an Ugrëff ze huelen an den nächste Joren, datt mer deen Ablack eng seriö Debatt kéinte féieren zesumme mat de Bierger vun der Stad Lëtzebuerg a vum Land.

Dat gesot, si mer d'accord mat där Motioun, wéi se hei virgesinn ass, datt mer déi néideg Etüden hunn, quitta datt mer ons zu deem engen oder deem anere Projet vläicht nach reservéieren, ons Attitüd definitiv festzehalen au vu vun der Etüd.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. An als nächste Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Här President, all déi Plädoyere fir Schoulinfrastrukturen an öffentlichen Transport an d'Akraaftsetze vun de Plans sectoriels wëll ech selbstverständlech ënnerstëtzen, awer ech wëll d'Geleeënheet notze mat mengen zwou Minutten. An déi Geleeënheet ass wuel déi lescht an dësem héijen Haus fir mech fir e Plädoyer fir ee Projet, deen net op der Lëscht steet, dee mir ganz enk um Härz läit, dee jiddwerengem heibannen an dobaussen eigentlech ganz enk um Härz misst leien, deen net méi op der Lëscht vun den Investitiounen vun der Regierung steet, zënter dass en am Kader vun de Spuermoossname gestrach ginn ass.

Et ass e Projet, deen net vill ze dinn huet mat Stroossen a Schinnen, e bëssen awer scho mat urbanistescher Gestaltung, indirekt eigentlech ganz vill mat Schoulen, well de Projet ganz vill ze dinn huet mat der Erzéiung vun eise jonke Leit. Deen ze dinn huet mat Informatioun a

Reflexioun iwwert d'Dérivé vun deem Jorhonnert vun den Extremer, wéi den engleschen Historiker Hobsbawm dat genannt huet, well en ze dinn huet mat der Fro, zu wat d'Mënsche fäeg sinn ënner bestëmmte Viraussetzungen, vu bal onverständleche Verbrieche géint d'Mënschlechkeet bis hin zum grouse Courage, zum Widerstand, deen och net ëmmer lücht ze verstoen ass, deen also vill ze dinn huet mat de Lektionen, déi aus all deem do ze zéie sinn.

An elo wësst Der, vu wat ech schwätzen, huelen ech un, nämlech vun eise nationale Resistenz-musée,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- ...deen 1956 opgemaach ginn ass op Initiativ vu fréiere Resistenzler an Deportéierten, déi iwwerlieft haten; dee Métt den 80er Joren op meng Initiativ - an do sinn ech net wéineg houfreg drop - eng éischte Kéier erneiert ginn ass mat enger thematescher chronologescher Ausstellung, déi awer och elo schonn erëm eng Kéier iwwerholl ass; deen deemools Métt den 80er Joren och vum deemolege Kulturminister Robert Krieps als nationale Musée unerkannt ginn ass; deen zënter e puer Joer géréiert gëtt - an dat ass awer eng Initiativ vun der Regierung, déi ze begrëssen ass -, mat vill Energie an Aktivitéit géréiert gëtt vun engem Proff, deen dohinner détachéiert ass.

Awer weder vun der musealer Gestaltung hier nach vun de Raimlechkeete kann dee Musée nach senger Missioun gerecht ginn. Dofir gëtt zënter zéng Joer diskutéiert, ënner anerem och tëscht dem Stat an der Escher Gemeng, iwwer en neie Projet. Et ergi sech och nei Méiglechkeete vu Vergrësserung, well Dealer vun deem Gebai fräi ginn, zum Beispill deen Deel, wou d'Friddensgericht war.

Awer, nach eng Kéier, obwuel de Projet am Regierungsprogramm stoung, ass en am Kader vun de Spuermoossname gestrach ginn. Och dat ass fir mech net ganz verständlech. Also benotzen ech d'Geleeënheet, hei nach eng Kéier e ganz waarmen Appel un d'Regierung an un d'Chamber ze riichten, sech deem Projet esou schnell wéi méiglech erëm zouzewenden an derfir ze suergen, dass et zu enger schneller Realiséierung ka kommen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här André Hoffmann. Elo kritt nach den Här Roger Negri d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (*LSAP*).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Président-rapporteur Fernand Boden Merci soe fir seng exzellente Rapporten. Am Beräich vun den zukünftigen Eisebunnsprojete kommen dëst Joer, wéi scho gesot, fënnf nei Projeten derbäi, deene mer als LSAP-Fraktioun och eisen Accord ginn.

En éischte Projet, d'Erneuerung vun de Quaien zu Déifferdeng an der Gare, ass méi wéi néideg. An och den zweete Projet ass déck néideg fir d'Caténaires op der Klengbettener Streck, wou dann elo vun 3.000 Volt Gläichstrom op 25.000 Volt Wiesselstrom ëmgebaut gëtt a wou de Wiessel vu 25.000 Volt Wiesselstrom an der Belsch virun der Areler Gare op 3.000 Volt Gläichstrom realiséiert gëtt, mat deem op der Streck Arel-Namur-Bréissel nach ëmmer gefuer gëtt.

Dat huet zwee Virdeeler fir d'Lëtzebuurger Eisebunn. Éischstens kënnen déi opwändeg Kräizungscaténaires - wéi dat heescht - an der Entrée vun der Gare Lëtzebuerg tëscht de Wiesselstromstrecke vu Péiteng a vu Beetebuerg an der - wann een esou ka soen - Gläichstromstreck vu Klengbetten ewechfalen, wat d'Flexibilitéit an d'Produktivitéit vun de Quaisplaze staark verbessert an net méi vun der respektiver Stroumaart ofhängeg mécht.

Och wann déi meescht Lokomotive mat deenen zwou Stroumaarten équipéiert sinn, esou ginn als zweete Virdeel domat endlech déi al Zich, déi nëmmen ënner Gläichstrom fuere kënnen, vum Lëtzebuurger Eisebunnsréseau verbannt, well se awer nu wierklech net méi an e Bild vun engem modernen öffentlichen Transport erapassen, fir dat elo emol nach héiflech auszedrécken. An déi Leit, déi jorzéngtelaang mat dese Gefierer matgefuer sinn, wäerten der CFL heifir Merci soen.

Den drëtten Projet: Och d'Erneiere vum Beetebuurger Stellwierk op den haut elektronesche Standard ass méi wéi néideg, well et hei ganz einfach ëm d'Zuchsecherheet geet, woubäi dat



neit Beetebuerger Stellwierk d'Capacitéite fir déi nei Streck vu Beeteburg an d'Stad, déi jo och am Plangen ass, och scho mat virgesäit.

E véierte Projet vun engem zousätzlechen Halt an der Hollerecher Gare fir d'Streck vun Arel-Klengbetten ass eng Plus-value, op déi scho laang gewaart gëtt an déi scho sengerzäit am BTB-Projet virgesi war. Heimat brauchen d'Clienten, déi vun Arel, Klengbetten, Bartreng a Mamer kommen an a Richtung vun Hollerech a Gasperech schaffe ginn, net méi an d'Gare Lëtzebuerg eranzefueren a sech dann op beschwéierlechem Wee mat Bussen erëm op Hollerech féieren ze loossen. Zemoos wann de Ban de Gasperich ausgebaut gëtt, gëtt dësen Arrêt ëmmer méi attraktiv fir den öffentliche Eisebunnstrafic an en hätt eigentlech scho laang kënne gebaut ginn.

Net zulescht ass awer a relativ kuerzer an noer Distanz de Schoulcampus Geeseknäppchen, wou et ënner Ëmstänn och méiglech ass an eng zousätzlech Desserte mat Bussen - bis den Tram da kënnt - och denkbar ass. Dëse Projet vum Arrêt Hollerech souwuel fir déi Péitenger an déi Klengbettener Streck ass net komplizéiert. En einfache Projekt! An et wär elo einfach wierklech gutt, wa kuerzfristeg dëse Projekt kéint realiséiert ginn.

Dee Projet war awer sengerzäit zréckgesat ginn duerch de Projet vun der Gare périphérique vun Zéisseng, also déplacéiert gi Richtung Weste vun Hollerech op Zéisseng, mat dem Haaptargument vun der Ubannung un déi nei direkt Streck vun Esch an d'Stad.

Hei wëll ech den Här Minister froen, ob dann d'Projet vun der Gare périphérique vun Zéisseng an déi nei Streck vun Esch an d'Stad domat abandonnéiert sinn. Bon, wa jo, misst dann net awer zumindest iwwert de Südtram ronderëm Esch a Belval mat der neier Uni e bësse méi fest nogeduecht ginn?

Här President, dee fënnfette Projet, dee mer fir 2012 studéiere loossen, ass en neien Arrêt op der Streck vun Dummeldeng op d'Gare Lëtzebuerg, just ënnert der Rouder Bréck, fir dann do den Interface mat Kabinnebunnen ze schaffen, fir d'Leit esou op de Kierchbiurg ze bréngen. U sech eng gutt Iddi, déi ech sengerzäit schonn 1996 fir de Landesverband an engem Dokument als Globalkonzept am Kader vun der Luxtraffic-Etüd ausgeschafft hat.

Dëse Point d'arrêt war net nëmme geduecht, fir d'Leit op de Kierchbiurg ze bréngen, mä och fir d'Verbindung mam Pafendall no ënnen hierzustellen, souwuel fir vum Pafendall op direktem Wee dann och op de Kierchbiurg ze kommen, an awer och de Leit aus dem Pafendall en direkten Uschloss un d'Eisebunnnetz ze offréiere Richtung Ettelbréck, mä och Stater Gare an esou weider. Den Avant-projet vun haut gesäit dat jo och esou vir.

Dësen Arrêt war sengerzäit awer als Complément geduecht zum Tram an der Stad a virun allem, fir de Leit aus dem Norden eng direkt Verbindung zum Kierchbiurg ze offréieren. De Projet vun haut, deem elo scho mat 100 Milliounen Euro estiméiert gëtt - dat si véier Milliarden där aler Lëtzebuurger Frang! -, an e gëtt bestëmmt nach méi deier, wann ech un all déi Unesco-Oplagen denken, déi do wäerte kommen, dee Projet ass u sech awer schonn eng gutt Saach.

Wat mech awer e bëssen iwwerrascht, ass, dass mer och soen, dass dësen Haltepunkt op der fräier Streck och eng interessant Alternativ fir d'Zich aus deenen anere Richtungen duerstellt, also net nëmme vun Norden, mä och aus deenen anere Richtunge vun der Gare.

Wann nämlech Zich aus Thionville, Beeteburg, Esch, Péiteng, Lonkech, Klengbetten, Arel, dat heescht aus dem Süden an aus dem Weste vum Land kommen, an och, wéi et dosteet, aus dem Oste vun Tréier a Waasserbëlleg, wat jo guer net méiglech ass, well keng Verbindung virun der Polvermillen mat der Waasserbëlleger Streck op d'Nordstreck besteet an och technesch guer net méiglech wär, da stellen ech d'Fro, wat da mat den Zich geschitt, wa se an der Stad d'Leit op deem neien Arrêt erausge-looss hunn an da jo a Richtung Dummeldeng fuere mussen, an dat all zéng Minutten, wou dann awer zu Dummeldeng keng Plaz ass, fir dës Zich ze garéieren, fir erëm eng Kéier zréckzefuere Richtung Gare Lëtzebuerg. Wéi dat exploitationsméisseg als Eisebunn fonctionnéiere soll, dat géif mech elo emol gär interesséieren!

Et kéint ee mengen, dass am Projet vu virdu mat dem Arrêt vun der Hollerecher Gare an dësem Arrêt ënnert der Rouder Bréck zwee Trouschtploschterprojete vun 125 Milliounen Euro geplangt ginn an domat zugläch den

Tram an der Stad e Begrëfnis mat sechs Häre kritt.

Här President, ech wëll just drun erënneren: Wa mer an Zukunft e performanten öffentliche schinnegebundene Verkéier wëllen nohalte an zukunftsorientéiert plangen, da mussen mer d'Zich op der Eisebunn aus dem Süden, aus dem Westen an aus dem Osten direkt via Hamm iwwert de Findel bei d'Hale vun der Luxexpo op de Kierchbiurg bréngen a vun do aus den Dispatching mat Tram a Bus maachen.

Wa mer dat net maachen, dann ännert sech eben näischt. Am Contraire, d'Verkéiserssituation um Contournement vun der Stad gëtt ëmmer méi onméiglech, an dat wäert Der spéits-tens gesinn an dräi Joer, wann d'Nordstrooss dee ganze Verkéier op de Kierchbiurg ausschëtt.

Mä de Mënsch reagéiert oft ëmmer eréischt ënnert dem Verelendungsprinzip: Wann näischt méi geet, da kucke mer, wéi mer do erauskommen. Ech mengen awer, dass mer als Politiker d'Mission hunn, nohalte a vorausschauend ze denken an ze plangen. Dofir nach eng Kéier gesot: D'Arrête „Hollerech“ a „Rout Bréck“, fir se esou ze nennen, si gutt Projeten, si komplementär zu de Projete vun der „Mobilitéit 2020“, mä si dierfen a solle se net ersetzen. Oder net, Här Minister?

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Negri. Domadder ass d'Diskussion ofgeschloss. Elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech e puer méi generell Saache soen. Éischstens ass dat hei elo esou lues zu engem fixé Rendez-vous ginn, deem eis erlaabt, eng Diskussion iwwer grouss Infrastrukturen, Bauprojete ze féieren, an net méi eng Diskussion iwwer finanziell Problemer, déi hei an do an de Bauprojete virkomm sinn.

An ech mengen, ech fannen dat gutt esou, well am Fong déi Aart a Weis, wéi mer elo mateneen diskutéieren, dat ass déi Aart a Weis, déi eis et erlaabt, iwwert den Inhalt vun dem Projet ze diskutéieren. Malgré allen Differenzen, déi kënnen tëschent eis sinn, gëtt et awer eng uerdentlech, korrekt a seriö politesch Diskussion op där Plaz, wou déi Diskussionen eben da muss gefouert ginn. Duerfir soen ech nach eng Kéier, datt ech frou sinn, datt mer viru véier, fënnf Joer deen hei Typ vun Diskussionen agefouert hunn.

Ech probéieren elo net nach eng Kéier, déi Projete ze erklären. Dat ass vun de Virriedner an haaptsächlech vum Här Boden als Rapporteur geschitt, an ech soen dem Här Boden an der ganzer Kommission villmools Merci fir déi gutt Aarbecht, déi se dës Joer wéi an deene leschte Jore gelescht hunn.

Mä et sinn awer e puer Froen gestallt ginn, e puer Kritiken ausgedréckt ginn, an ech wëll awer kloer an däitlech dozou Stellung huelen. Éischt Kritik, oder fir d'Éischt fänken ech emol mat deene generellen un.

Dat Éischt, wat gesot ginn ass, dat ass: „Dir hutt nach keng Plan-sectoriellen an duerfir kënnt Der och net déi Politik maachen; déi grouss Projete sollt Der elo net maachen, soulaang déi Plan-sectoriellen net definitiv do sinn. An d'Prioritéiten an de Plan-sectoriele sinn och net respektéiert ginn.“ Grosso modo war dat eng Kritik.

Ech wëll fir d'Éischt soen, datt et wierklech net un eis hänkt, datt déi Plan-sectoriellen nach net do sinn. Ech waarde säit laange Méint op deen Avis vom Conseil d'État, fir d'Gesetz vum Aménagement du Territoire kënnen ze stëmmen. Ech sinn elo frou, datt dee virun e puer Woche komm ass. Ech hunn och mam President vun der Kommission ofgemaacht, datt mer elo esou schnell wéi méiglech deen Text do ënnert d'Analys huelen, datt mer weiderkommen an datt mer och déi Plan-sectoriele kënnen op hire Wee ginn, op de ganze Wee, dee se nach mussen maachen, eier se dann effektiv en vigueur trieden. Dat maache mer och elo!

Mä ech soen awer och, op där anerer Säit kréien ech dann eng ganz Rei Kritiken: Et geet net virun; datt am Tube eng Rei Stauene, Bouchonen; et ass net an där richteger Vitesse... Mä do soen ech, et kann een awer net alles soen a wënschen a wëllen! Dat, wat mer elo hei maachen, dat ass eng Rei Projeten, déi esou an den Avant-projete vun de Plan-sectoriele virgesi sinn, fir déi och op den Instanzewe... net op den Instanzewe, mä fir d'Éischt eis emol d'Méiglechkeet ze ginn, se hei an der Chamber ze diskutéieren an duerno an eng Planificatioun ze goen.

Dann ass jo nach keng Décisioun geholl, ob se elo gebaut ginn, wéi se gebaut ginn a wéini se

gebaut ginn. An ech fannen, dat ass och absolut normal, datt mer dat hei maachen an datt mer eis och déi Méiglechkeet kënne ginn.

Da gëtt gesot: „Dir schafft net no de Prioritéiten!“ Mä ech soen, well Der Rei Projeten elo hei frot, déi am Avant-projet de plan sectoriel op Prioritéit zwee oder dräi sinn: Och, wa se op Prioritéit zwee oder dräi sinn, sti se awer dran a sinn et och Prioritéiten. Vlächtt déi zweet oder déi drëtt Prioritéit.

Firwat sti se deelweis an der zweeter oder drëtter Prioritéit? Firwat sti se an der zweeter oder drëtter Prioritéit? Mä well mer nach keng Trass definéiert hunn a well mer duerfir se net kënnen an eng éischt Prioritéit setzen am Plan sectoriel, well just alleguer déi Saachen, déi am Plan sectoriel...

Ëm wat geet de Plan sectoriel? De Plan sectoriel geet am Fong finalement drëm, datt mer kënnen op enger ganzer Rei Bauprojete, ob dat Schinneprojete sinn oder ob dat Projete si fir de Stroossebau, eng Rei Trasse reservéieren, datt mer an deenen nächste 5, 10, 15, 20 Joer dat kënne realiséieren, wat mer laangfristeg geplangt hunn.

An da verstinn ech net, wann ee mer seet: „Et ass awer onsënneg, datt s du elo Saachen, déi an der zweeter, drëtter Prioritéit, wou nach keng Trass fixéiert ass“, wou ech also nach net ka soen, wat fir eng Terrainen ech reservéieren, wann ech do gesot kréien: „Elo däärfst de dat dann net plangen oder an d'Etüde ginn, well da kanns de jo emol d'Etüde Trass definéieren!“ Do ass awer an der Logik vun där Ausso eppes, wat net klappt.

Ech ginn et elo ganz genau an d'Etüden, well ech wëll eng Trass definéieren! Et ass elo nach an der Prioritéit dräi, mä wann ech déi Prioritéit net elo an d'Etüde ginn, kréien ech jo ni eng Trass definéiert! Esou kënne mer awer net fueren!

Ech soe kloer, ech studéieren et elo gär, an dann décidéiere mer, ob et geet, ob et net geet, a wann et geet, wéi et da geet, mat deene beschte Konditiounen, déi mer kënnen anhalen, an da kënne mer dat an déi Prioritéit eng Kéier virréckele loossen, mat engem Monitoring vum Plan sectoriel, fir eng definitiv Trass ze reservéieren.

Dat fannen ech awer ganz einfach eng normal Prozedur, déi hei ageschloe gëtt. Anescht geet et net. An eppes anescht behaapten, dat ass einfach, déi Prioritéiten an déi Aart a Weis, wéi mer schaffen a wéi mer uerdentlech zesumme schaffen, a Fro stellen.

► **Une voix.**- Neen, dat stëmmt net!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Mir sinn um richtige Wee. Jo, fannen ech och.

► **Une voix.**- An d'Nullvariant?

► **Une autre voix.**- An d'Nullvariant, Här Minister, déi gëtt et fir lech guer net! Dat ass jo de Problem.

(Brouhaha)

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ech hunn elo just gesot, da sot mer...

► **Une autre voix.**- Dir sidd schonn an enger Bautelogik.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ech hunn elo just gesot,...

► **Une autre voix.**- Genau dat ass de Problem.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Zu Dikrech gëtt et keng Léisung.

(Interruptions)

► **Une voix.**- Fir lech gëtt et keng.

(Brouhaha et hilarité)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dat steet dran.

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- D'Nullvariant, ech hunn dat och kloer an däitlech op Froen, déi Majoritéitsdeputéierten, wann ech mech gutt erënneren, an der Kommission gestallt hunn, gesot, datt mer d'Nullvariant och studéieren.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Très bien!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Wa mer keng Solutioun fannen, wann et guer net geet, jo, da mussen mer zu där Konklusioun en definitiv kommen, wat méiglech ass a wat net méiglech ass, an net schonn am Viraus soen: Do gëtt et keng Léisung!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Mä do steet schonn, datt et keng gëtt.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Domat sinn ech net d'accord, well...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Voilà!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- An ech soen nach duerno, firwat datt ech mengen, datt verschidde Projete ganz einfach wichteg sinn, wierklech wichteg sinn, an datt ee muss Léisunge fannen, wann ee wëllt am Kader vum Aménagement du Territoire Projeten développéieren, mat deene mer all d'accord sinn.

An ech soen - ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck -, deen Nordcontournement vun Dikrech, wou Der sot, et gëtt keng Léisung,...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dat steet am Bericht.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Wou? Mir mussen kucken, wat fir eng Léisung ënner wat fir enge Konditiounen machbar ass oder net. Mä ech soen awer och, dee ganzen Nordstad-Projet, dee mer awer all wëllen, wou mer awer all soen, dat hätte mer gären, well mer soen, am Kader vum Aménagement du Territoire - an ech kréie reprochéiert, mir géifen net am Kader vum Aménagement du Territoire schaffen! -, well mer awer just soen, wa mer déi Nordstad wëllen, wa mer dat seriö huelen am Aménagement du Territoire, jo, da mussen mer awer Léisunge fannen. Dir kënnt net einfach soen: „Ech wëll déi Nordstad-Entwécklung, mä ech wëll awer d'Elementer fir d'Nordstad-Entwécklung net kréien an net maachen.“

Duerfir sinn ech frou iwwert dat, wat den Här Etgen gesot huet, deen och déi Noutwendegkeet awer do unerkannt huet. Duerfir géif ech elo gär studéieren, fir ze kucken, wat méiglech ass a wat net méiglech ass. An dann diskutéiere mer driwwer, wa mer dat bis um Dësch hunn a wa mer genau gesinn, zu wat fir enge Konditiounen et geet, net geet, a wat déi sënnvollst Léisung ass, oder ob mer keng Léisung à la limite fannen. Mä da mussen mer och nach eng ganz Rei aner Froen hannendru stellen.

Dir sot: „Hei gëtt den Ëmweltschutz net respektéiert.“ Mä et ass just am Kader vun deene Varianten, déi mer elo studéieren, wou ech soen: „Wat fir eng Variant huet da wat fir eng Influenz op wat fir een Naturgebitt, op wat fir ee Biotop, a wéi kann ech dat, wa mer et maachen, am beschten an de Grëff kréien, a wéi maachen ech déi mannst Schied?“

Ech hunn ni gesot, och net an der Kommission, datt mer bei verschidde Saache keng Problemer hätten. Ech hunn ëmmer gesot, datt mer dat hei elo just studéieren, well et mer extrem problematesch schéngt. Genau dat war meng Ausso. Duerfir géif ech gär kucken, wat dann elo wat fir ee Problem stellt a wat fir eng Solutioun sënnvoll a logesch ass.

► **Une voix.**- Hat ech recht?

(Hilarité)

► **Une voix.**- Voilà!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- An et ass also preziserweis aus Grënn vum Ëmweltschutz, wou ech déi Trassen do wëll an allen Detailer kucken. Wéi gesot, ech hunn dat kloer an der Chamberskommission gesot.

Da gëtt gesot: „Dir hutt kee Gesamtkonzept fir déi Mobilitéitspolitik, déi Der do ëmsetzt. Dir hutt kee Gesamtkonzept, an hei sinn eenzel Elementer, déi kommen.“ Elo muss ech soen, dat ass mäi ganze Problem dauernd an där Mobilitéitsdiskussion, well mer hei all Kéiers - ech muss heihinnerkommen an lech eenzel Elementer virstellen, well déi zu engem Gesamtkonzept gehéieren - ëmmer Schwierigkeeten hunn, fir dat Gesamtkonzept uerdentlech duerstellen. Well wann ech bis ufänken, et duerstellen, da brauch ech eng bis zwou Stonnen, an ech hunn op dem Radio an op der Télee 30 Sekonnen, ech hunn an der Chamber fënnf Minutten. Ech kréien ni d'Geleeënheet, fir d'Gesamtkonzept a sengem Ensemble duerstellen. All déi aner Elementer gehéieren awer dozou. Duerfir...

(Interruptions)

► **Une voix.**- Zu Hesper hat Der dach gutt Zäit, op der Wahlversammlung.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- ...huelen ech mer elo e puer Minutten, fir lech ze erklären, wéi all déi...

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- ...op der Wahlversammlung hat Der et gutt gemaach, Här Minister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Mäi Gott, ech wëll awer elo net hei... Dat wëllt awer... Merci, Här Adam! Ech wëll lech just soen, do huet et...



► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Et ass awer wouer.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...eng Stonn bis eng Stonn an eng hallef gedauert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Annerhallef Stonn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Voilà. An hei hunn ech elo fénnef, zéng Minutten. Mä ech wëll lech awer d'Gesamteleementer trotzdeem eng Kéier erklären, well et gouf genau op dës Projeten zréckgefouert.

Dat Éischt, wat ech am Fong wollt soen, dat war, datt mer evidentement an deem Gesamtkonzept eng Prioritéit op den öffentliche Transport setzen, an haaptsächlech op d'Schinn am Kader vum öffentliche Transport. An duerfir, alles, wat mer elo maachen, an och dat, wat mer net maachen, ass an deem Konzept dran. D'Prioritéit ass evident: datt mer déi Schinnlinie sollen ausbauen, wou mer am Transfron-talier an d'Ausland domadder fueren.

(Interruption)

Beetebuerg ass eng Prioritéit, dat ass absolut evident. Péiteng, déi Zweeagleisegkeet, ass absolut...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Knapps fäerdeg, da baut Der schonn erëm Stroossen!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech kommen och op d'Stroossen, mä loosst mech emol eng Kéier ufänken! Dir gitt mer 30 Sekonnen an da fänkt Der schonn un ze contestéieren. Ech géif emol gär eng Kéier erklären,...

► **Une voix**.- Jo, et ass därmoosse schlëmm, wat Der macht.

► **Une autre voix**.- Et ass net einfach!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech hätt gär Klengbettingen, duerfir steet dat haut um Programm, well dat och eng Streck ass, déi an d'Ausland féiert; well mer do all Dag esou vill Dausende Grenzgänger eran hunn, duerfir steet se haut um Programm. Déi aner hutt Der scho gestëmmt. An datselwecht, dat ass Igel, wou mer eis engagéiert hunn, fir souguer am Aus-land déi Zweeagleisegkeet ze bezuelen, well dat déi eenzeg Verbindung mat Däitschland ass. Dat sinn eis Prioritéiten, dat maache mer och do.

Datselwecht ass fir d'Garen. Et ass virdru gesot ginn: „Dir musst déi Garé méi attraktiv maachen!“ Mä kuckt emol, wat mer haut um Programm hunn, a kuckt emol, wat mer déi lescht Joren um Programm haben! Wa mer haut d'Beetebuerg Gare um Programm hunn, wa mer haut d'Déifferdenger Gare um Programm hunn, mä dann ass dat genau aus där doter Ur-saach, well ech déi Attraktivitéitspölen zesumme mat Park & Ridé wëll esou gestalten, datt d'Leit se och kënne gebrauchen.

Wa mer haut eng nei Gare proposéieren, déi Hollerecher, deen Arrêt, fir deen erëm opze-maachen, fir deen ëmzebauen, jo, dann huet dat genau säi Sënn, well ech soen, datt och an der Stad Lëtzebuerg et net duergeet mat enger Gare, mä datt mer der mussen e puer an der Stad Lëtzebuerg och mam Zuch desservéieren. Dat ass dann Hollerech, dat ass den Arrêt Pont Rouge, dat ass den Neibau vum dem Center Arrêt an dat ass déi Houwalder Gare. Alles Pro-jeten, déi mer maachen eleng fir d'Stad Lëtze-buerg, eleng, fir datt mam Zuch net nëmmen op der Zentralgare, mä an der Stad Lëtzebuerg déi Distributioun uerdentlech ka gemaach ginn.

An all déi, déi Responsabilitéit hunn an der Stad Lëtzebuerg, wëssen, wéi effektiv domat den öf-fentlechen Transport ka gestalt ginn a wéi mer kënne och dann deen aneren öffentliche Transport, de Bus, anescht organiséieren, well mer méi Leit op der Schinn hunn.

An da soen ech iwwerall kloer an däitlech, datt mer deen Tram hei an der Stad Lëtzebuerg och brauchen. Just wa mer esou Point-d'échangé wéi dat do hunn, just wa mer den Arrêt Pont Rouge hunn, just wa mer aner Haltestellen och nach zur Verfügung hunn, an datt dat eis zum Beispill hëlleft, och sënnvoll den Héienhaff vir-zegesinn, wou e Park & Ride soll kommen a wou mer amgaange sinn ze iwwerleeën, ob et net sënnvoll wär, deen Tram bis dohinner wei-derzeféieren.

Ganz einfach an deem Gesamtkonzept: datt mer musse ronderëm Point-d'échangen hunn, datt mer musse Park & Riden hunn an datt mer vun deene Park & Riden, ob dat dann elo Houwald ass, ob dat elo de Parking Bouillon ass, ob dat den Héienhaff ass, ob dat d'Luxexpo ass, datt mer vun deene Park & Riden d'Leit mussen ewechhuelen, fir se mat engem Tram an d'Stad eranzeféieren an do eng Distri-butioun ze maachen, qualitativ a quantitativ

héichwäerteg an uerdentlech. Soss geet dat net!

An déi aner Geschicht dann. Dat ass jo, datt, wa mer dat do maachen, jo, da brauche mer evidentement - evidentement! - an der Stad Lëtzebuerg Plaz fir den öffentliche Transport a Plaz, déi dem öffentliche Transport reser-véiert ass. Ech weess dat jo och: Dat gëtt Dis-kussiounen! Dat ass jo eng vun den Haaptdis-kussiounen.

Mä da soen ech awer, wann ech e Generalkon-zept maachen, an ech soen, ech wëll net just deen Tram als Tram, well deen Tram mir schéi gefält a well ech elo en Tramsfanatiker wär, well dat sinn ech net, mä ech soen, wann ech e wëll, da muss ech awer och dee Verkéier, dee mer net méi an der Stad kënne hunn, well keng Plaz méi fir en do ass - dee par ailleurs guer net wëllt an d'Stad goen, well am Boule-vard Royal oder well an der Neier Avenue net d'Zilsetzung ass, wou en dohinnerfiert, mä well e groussen Deel vun deem Verkéier duerch de Boulevard Royal an duerch d'Nei Avenue fiert, well en en Transitverkéier ass a vum Norden, vum Süde kënnt oder vum Süden an den Norde fiert an am Fong hannert der Bréck, der Gare den Autobunnrséseau siche geet, dat heescht, guer net do wëllt sinn, wou en awer muss sinn, well e keng aner Alternativ huet -, jo, da muss ech an deem ganze Konzept och nach aner Alternative siche goen, wou ech dee Verkéier, deen awer schlussendlech do ass, well all d'Leit kréien ech net op den Tram, wou ech deen hilleeden.

An da soen ech, wann Der haut de Boulevard de Merl an de Boulevard de Cessange drop-stoen hutt, jo, dann ass et genau aus deene Grënn, well ech aner Alternative wëll sichen, wou ech dee Verkéier, deen ech am öffent-lechen Transport an der Stad muss bewegen a wou ech all Moyenë schafen, fir datt en do ka beweegt sinn, wou ech den Individualverkéier, deen awer nach fiert, kann iwwer aner Weeër leeden, just fir mer Plaz fir den öffentliche Transport ze schafen. Well anescht geet et net.

A wann Dir da sot, ech huelen ee Stéck vum Konzept, dat ass net gutt, well dat eben Auto ass, an dat anert, dat huelen ech, well dat öf-fentlechen Transport ass, da soen ech: Mä dat ass kee Generalkonzept! An engem General-konzept - an ech hunn déi grouss Chance, dee Ministère ze hunn, wou ech all déi Saache ka maachen -, genau dat ass am Generalkonzept dat, wat ech wëll. Ech wëll dat eent an dat anert.

Jo, ech bauen och Stroossen, well se an d'Kon-zept gehéieren, mä ech hätt gär den öffent-lechen Transport prioriséiert. Mä wann ech e wëll bauen, da muss ech em och Plaz ginn, wou ech e kann hilleeden. Dat ass d'Konzept, wat ech proposéieren. An dat ass d'Konzept, wat a mengen Aen honnertprozenteg Sënn mécht, fir weiderzekommen.

Datselwecht gëllt par ailleurs och fir de Con-tournement Stroossen. Ech menge just, datt do eppes falsch an den Diskussiounen verstane ginn ass, wa mer hei vum Contournement Stroossen schwätzen. Well dee Contournement Stroossen ass am Fong e schlechten Numm fir dat, wat mer do virgesinn hunn. De Contournement Stroossen ass am Fong, datt mer vum Echan-geur Stroossen op d'Areler Strooss fueren. Dat ass dat, wat hei gemengt ass.

Or, wann Der haut déi Leit, déi wéineg kennen, wou mer dru sinn... Haut hu mer schonn eng Sortie zu Stroossen op där Autobunn a mir fuere ratsch duerch d'Chaussée Blanche, wat eng Strooss ass, déi bewunnt ass, eng Quar-tiersstrooss, fir op d'Areler Strooss erauszefue-ren. Dat Eenzezt, wat ech hei froen, datt ass, fir datt ech déi Strooss op eng aner Plaz kann en fin de compte leeën, bis op d'Areler Strooss, wou se net duerch eng Quartiersstrooss fiert, fir net do u sech déi Leit an eng Situatioun ze set-zen, wou et ganz schwiereg ass, fir domadder ze wunnen. Dat ass dat, wat ech...

► **Une voix**.- Ass dat e Contournement?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, et ass kee Contournement, well et sinn am Fong... et ass eng ganz kuerz Streck. De Con-tournement, dat ass eppes...

(Hilarité et interruptions)

De Contournement vu Stroossen, dat ass am Fong...

(Brouhaha et hilarité)

De Contournement vu Stroossen, dat sinn aner Stroossen, déi deelweis scho gebaut sinn. Dat ass dat, wat Der vun enger grousser Surface - ech weess net -, vun der Areler Strooss, wann Der do eroffuert ënnert den Tunnel, wou mer virun zwee, dräi Deeg e gravet Accident dran haben, just fir lech ze beschreiwen, wat fir eng Strooss et ass, déi weiderféiert laanscht d'Tanken ënnenerëm. Deen ass schonn deel-weis gebaut. An dat hei ass am Fong en Ufanks-

stéck, wat op d'Areler Strooss stéisst, och an deem Generalkonzept.

An da muss een och kucken, wat mer an der Stad als Entwicklungsgebiddler hunn. Mir hunn als Entwicklungsgebiddler haaptsächlech elo de Ban de Gasperich an Houwald, IVL-konform, dat hu mer alleguer zesummen décidéiert, hu mer alleguer zesummen hei gestëmmt. Sou, elo entwéckele mer dat - well mer et och wëllen entwéckelen a well mer an dëser Stad, an dësem Land och Plaze brauchen, wou Ent-wécklung geschitt.

Mä da soen ech awer gradesou kloer hannen-drun, wa mer déi IVL-konform Entwécklung gär hätten, da kann ech, muss ech awer och am Verkéier kucken, wat mer do maachen. Da maache mer den öffentliche Verkéier dohinner! Ech mengen, datt mer mussen eng Gare dohin-ner maachen. Duerfir hu mer se hei an der Chamber gestëmmt. All déi Stroosse si fir de Bus op, a mir kënne do Buspist" maachen. Mir hunn an der Planificatioun zesumme mat der Stad Lëtzebuerg virgesinn, datt an enger zweeter Etapp den Tram soll do desservéieren an datt eventuell kann e Park & Ride gemaach ginn. Dat hu mer alles geplangt, fir dat uerd-entlech hinze kréien am Gesamtkonzept.

Mä da soen ech awer och hannendrun: Ech kann awer net de ganze Fentenger Bierg erop, Hesper, de ganze Verkéier, deen iwwert déi Strooss vu Fréiseng kënnt, da mëtten duerch déi Wunnstroossen do maachen. Do kreéiere mer eis awer en onwahrscheinleche Blocage, wa mer dat maachen. Ech brauch also och eng Méig-lechkeet, fir déi Leit virun Hesper erofzekréien op en anere Wee op d'Autobunn, wou den Ac-cès an d'Entrée dee Moment op d'Autobunn oder op de Boulevard, rue des Scillas... dat musse mer nach kucken, wéi mer dat maachen, dat weess ech nach net genau. Ech géif dat awer elo gär studéieren, wéi dat ass, well dat eis awer erlaabt, den Accès vun enger Entwéck-lungszon uerdentlech a korrekt ze maachen.

An da sot Dir mir: „Dat ass net IVL-gerecht.“ Mä wat ass et dann? Wat ass dann IVL-gerecht? Wa mer fir déi Entwicklungsgebiddler, déi am IVL organiséiert sinn, den öffentliche Trans-port total organiséieren a wa mer och nach beim Individualverkéier awer derfir suergen, datt et net zu Problemer féiert, da soen ech wierklech: Wat ass IVL-gerecht, wann dat do et net ass?

Datselwecht gëllt fir d'Nordstad - ech hunn et virdru gesot -, wou e ganzt Konzept ronderëm d'Nordstad selbstverständlech entsteet, wou mer d'Gare als Mobilitéitszentral musse frësch-maachen, mat Busgare, mat Zuchgare, mat Elektromobilitéit, mat Véloen an esou weider, selbstverständlech an den Zentrum vun der Nordstad. Et gëtt jo d'ailleurs contestéiert. Mir musse kucken, d'Detailer kucken, mä de Prinzip muss awer sinn. Wann d'Nordstad entwéckelt gëtt, brauche mer do déi grouss Mobilitéits-pölen an der Mëtt vun der Nordstad.

An da brauche mer de Süd-Contournement vun Ettelbréck. Deen hu mer d'ailleurs virun engem oder zwee Joer hei diskutéiert, a Feelen - wann ech lech elo gesinn - hu mer virun e puer Joer hei diskutéiert. Et gehéiert awer do-zou! Mir brauchen och, datt mer op der B7 deen Ausbau do maachen. Dir wësst, wat do lass ass all Dag! Dat brauche mer och.

An dozou gehéiert nun einfach de Contour-nement vun Dikrech als véiert Etapp. Ech soen och net, datt dat prioritär ass. Ech soen awer, datt et awer elo Zäit ass, sech Iwwerleeungen ze... Also, net prioritär par rapport zu deenen aneren, Här Etgen, net datt Der mech elo falsch verstitt a sot, ech... Net prioritär par rapport zu deenen aneren, well ech mengen, an der Reie-folleg mussen déi aner virgemaach ginn. Mä ech géif awer elo emol gär kucken: Geet dat, geet dat net, wéi geet et a wat kann ech do maachen? Et schéngt mer awer an der Logik vun deem, wat mer hei maachen, eppes abso-lut Sënnvolles ze sinn, an et gehéiert zu deem Gesamtkonzept. An ech si frou, datt ech déi véier Ministère an sech kann hunn, well an der Landesplanung, Transport, Ëmwelt an Travaux publics dat einfach gemeinsam an zesumme ka gemaach ginn.

Nach e puer prezis Froen, déi awer gestallt gi sinn, op déi ech kuerz wëll agoen. Den Här Etgen huet gefrot, wéi dat mat deene Lycéeën ass. Hie sot esou: „Dat stoung schonn 2005 um Programm.“ Dat kléngt da gutt, wann Der et als Opposition sot. Ech wëll awer just soen, Här Etgen, et stoung...

(Interruption)

Jo, et stoung... Ech wëll déi Lëscht net opzielen, well si ass esou laang, ech verhale se net alle-guer, mä et...

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Et géif ganz laang daueren!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et géif

ganz laang daueren, an et ass ganz kloer - Här Boden, Dir sot dat richteg -, et ass kaum esou vill an den Enseignement an an d'Lycéeën investéiert ginn, wéi an deene leschte Joren. Mir maachen do onwahrscheinlech Infrastruk-tur...

(Interruption)

Jo, et ass dat absolut Normalst, mä mir maa-chen awer...

► **Une voix**.- Ass dat elo nach e Mérite, datt mer Schoule genuch baue fir eis Schüler? Dat ass dach net erwänenswert!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass, well Der jorelaang näischt investéiert hutt! Dat ass d'Realitéit. Dir hutt jorelaang näischt inves-téiert, duerfir musst Der elo vill investéieren!

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir kënnt ëmmer déi doten..., dat si jo klassesch Aussoen, déi Der do maacht.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jorelaang driwwer geschwat an näischt gemaach!

► **M. le Président**.- Ech géif lech bieden, dem Här Minister nozelauschteren!

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dës Regierung - an déi virdrun - mécht esou massiv vill am Schoulbau, wéi kaum eng aner Reg-ierung, och déi, wou en Deel vun der Opposi-tioun dra war, gemaach huet.

► **Une voix**.- Jorelaang ass...

► **Une autre voix**.- Eng ganz Generatioun!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Elo gëtt gesot, datt déi Projeten, déi 2005 schonn um Programm waren, net gemaach... Ech wëll lech awer just elo soen, 2005 ass e Plan sectoriel «Lycées» gemaach ginn, respektiv déi Jore vir-drun, vun der Madame Brasseur nach... - a vum Här Wolter.

(Interruptions et hilarité)

Här Wolter, Dir wësst net, wat ech elo wollt soen. Ech wär elo virsiichteg gewiescht, wann ech...

(Interruptions et hilarité)

Dir hutt e Plan sectoriel «Lycées» gemaach, mä déi Lycéeën, déi dräi, déi mer do genannt hunn, déi stounge précisément an der zweeter Etapp, déi stounge précisément net an der éischter Etapp, fir se ze maachen! A mir hu fir d'Éischt emol all déi Lycéeë fäerdeg gemaach, déi amgaange waren. Mir hunn déi éischt Etapp, an do ass d'Realisatioun quasiment elo ofgeschloss, an da komme mer an där nächster Etapp un déi dräi Lycéeën duerno. Dat ass awer d'Logik vun deem, wat mer maachen. Duerfir kann ee soen...

► **M. le Président**.- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Wolter lech eng Fro stellt?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech wollt nach eng Präzisioun ginn, well dat an den Diskus-siounen effektiv ëmmer vergiess gëtt. Dat ass, dass deemools gesot ginn ass, dass een och d'Masse critique brauch, nécessairement, an dass eng zousätzlech Etüd misst gemaach ginn, fir ze beleeeën, ob d'Masse critique do wier, well een...

(Interruptions)

Neen, wa se entre-temps do ass, ass et jo eng aner Diskussioun. Ech wëll just soen, wat histo-resch war. D'Zuele mussen et beleeeën, well ee soss enger Regioun kee Gefale mécht!

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat ass absolut richteg, d'Prinzipien, déi den Här Wolter seet. Mir hunn och gekuckt, wéi déi Besoinen evoluéiert hunn, mat engem Monito-ring vun deem Plan sectoriel «Lycées», deen déi Zäit entstanen ass, an duerfir sinn och déi Déci-siounen esou gefall, wéi se geholl gi sinn, wéi se doraus ervirgaange sinn, dat heescht Clierf an Déifferdeng als Éischt, an da Mondorf do hannendrun.

Ech wëll lech och soen, déi Planificatioun vu Clierf an Déifferdeng leeft och weider, dat hunn ech deenen eenzelne Gemengen och scho ge-sot. Clierf, zum Beispill, do ass den APS elo fäer-deg, do si mer beim APD, deen amgaangen ass, gemaach ze ginn, do ginn duerno de Pro-jet d'exécution an d'Sousmissionsprojete ge-



maach. Dat soll dann an d'Chamber kommen, datt mer am Laf vun 2014 net ufänke mat planegen, mä datt de Bau ugefaange ka ginn, datt d'Pläng fäerdeg sinn. Datselwecht gëllt fir Déifferdeng.

An deem Kontext hunn ech och kee Problem, déi Motioun unzuhuelen, déi Der iwwe Mon-dorf hei déposéiert hutt, well ech menge wierklech, datt d'Planificatioun och elo soll iergendwou gemaach ginn, datt mer, wa mer d'Finanzméiglechkeeten hunn, och direkt kënnen ufänke mat deem Bau, sou datt ech dann hei de Fraktiounen proposéieren, datt mer déi, esou wéi se elo formuléiert ass... ausser, Här Etgen, „Clerf“ misst Der „Clervaux“ schreiwene.

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen (DP).** - D'accord.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Da sinn ech d'accord dermat, okay!

(Interruptions et hilarité)

An da seet den Här Etgen - ech muss dat awer och verbessern - Prioritéite setzen ass net, déi Projeten erauswelen, déi net solle gebaut ginn. Ech wëll just soen, dat kann ech unhuelen, mä Prioritéite setzen ass awer och décidéieren, wat fir eng gebaut ginn a wat fir eng net gebaut ginn. Prioritéite setzen heescht awer och, datt een décidéiere muss - a Prioritéite setzen heescht awer net, datt een d'Lescht vun alle Projeten, déi ee sech nëmme kann erdenken, opzitt a seet, dat do wärend déi, déi mir gebaut hätten -, well si sinn alleguer prioritär! Dat heescht awer och, kloer an däitlech, datt ee muss eng kéier soen, wat ee wëllt bauen a wat een net wëllt bauen, well een et net ka bauen dëse Moment, mä datt een et op spéider verschiebt. Dat heescht awer Prioritéite setzen, précisément.

Dann zu der Madame Lorsché, e puer Punkten, déi ech awer wëll kloerstellen. Dir hutt gefrot: „Wéi kann ee kontrolléieren, wann eng Entreprise eppes baut, datt et och duerno esou ass?“ Do gëtt et am Prinzip de Cahier des charges. Wann ee prezis genuch ugëtt, da baut d'Entreprise, an d'Entreprise, déi muss dann..., da gëtt duerno am Fong dat, wat agebaut ginn ass, ofgehol, an dat muss deene Konditiounen entsprechen, déi am Cahier des charges stinn.

Dat ass am Fong déi eenzeg Aart a Weis, déi een huet, fir ze kontrolléieren, ob et effektiv am Bau esou ass, wéi dat wat gelivvwert ginn ass. An duerno mussen d'Resultater natierlech gekuckt ginn, au fur et à mesure vun dem Gebrauch vun engem Gebai. Mä et ass ëmmer d'Prezisioun vun engem Cahier des charges, déi engem d'Méiglechkeet gëtt, eng minimal Kontroll ze maachen. Eppes anescht huet een net.

Wat d'Energiespueren ugeet, do ass et ganz kloer esou, datt mer eis an deene Projeten, déi mer ëmmer maachen, am Fong en Energiesystem erauswelen, deen esou einfach wéi méiglech ass. Genau well mer wëssen, datt déi Leit, déi domat schaffen, d'Portieren oder anerer, déi dat musse kënnen bedénge, natierlech heiansdo Schwierigkeeten hunn - wann s de muss Ingenieur sinn, fir de System ze bedénge! Duerfir: esou einfach wéi méiglech, natierlech Beléftung, natierlech Ofkillung, natierlech Erwiermung, datt am Fong esou mann wéi méiglech muss gehandhaabt ginn an datt et esou einfach wéi méiglech - haaptsächlech, wann och nach Schüler dra sinn -, esou einfach wéi méiglech ka gemaach ginn.

An déi zwee Projeten, déi mer hunn, den Ettelbrécker LTPS an d'Naturverwaltung, sinn energiepositiv Gebaier, mä si wäerten awer eis elo emol haaptsächlech déngen, wa mer se bauen, datt och d'Administratioun kann Expérience kréien, wéi et geet a wéi mer dat sollen uerdentlech ëmsetzen. A wa mer déi Experienze hunn, hoffe mer automatesch, datt eis Entrepreneuren d'Expérience kréien, a sécherlech hunn och d'Entreprise vu sech aus Formatiounen genuch gemaach, fir op déi do Saachen awer hir eenzel Membere virzebereeden. Et ass sécherlech een Challenge, a mir mussen och kucken, datt d'Lëtzebuurger Entrepreneuren an deem ähnleche Rhythmus kënnen mathalen, datt mer dat kënnen ëmsetzen.

Zum Här Henckes e puer Saachen. D'Kasären um Härebierrg mussen gebaut ginn - mä d'Kasären um Härebierrg, Här Henckes, sinn amgaang ëmgebaut ze ginn! Et ass elo de toute façon schonn de ganzen Embau vun de Kanalisatiounen, vun dem ganze System, deen amgaangen ass gemaach ze ginn. Duerno sinn an der Planificatioun déi ganz Projeten, wat den Hall logistique ugeet, an da kommen och déi

Projeten, wa mer vun de Kasäre selwer, dem Bau selwer schwätzen, et ass e ganzen Ensemble a fënnef Etappen, wou mer amgaange sinn, wou eng no där anerer selbstverständlech muss ëmgesat ginn.

Dir hutt vum Tram geschwat a vun den Études environnementales, déi do gemaach ginn. Dat, wat domat gemengt ass, Här Henckes, dat ass eng normal Prozedur. Mir nennen dat am technesche Jargon 97/11/CE-Prozedur, wat eng europäesch Direktiv ass, an déi Direktiv gesäit vir, datt s de bei all groussem Projet, deen iergendwelchen Impakt huet, muss déi Etüd maachen. A mir maache se net hei, well et nécessairement en Impakt op den Environnement naturel huet,...

► **M. le Président.** - Här Minister, Dir misst zwar lues awer sécher zum Schluss kommen!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Lues, awer sécher!

(Interruptions)

Neen, loosst mech elo dem Här Henckes äntwerten. Dir hutt mech elo aus dem Konzept bruecht, Här President.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Mir ginn him nach e bësse Riedezäit vun ons!

► **M. le Président.** - Dir maacht déi Etüd, fir...

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Mir maachen déi Etüd net onbedéngt, well et sech ëm den Environnement naturel handelt - ausser bei enger klenger Partie hanne bei dem Bësch, do, wou mer de Centre de remisage bauen -, mä haaptsächlech, well d'Direktiv och virgesäit, datt mer mussen agoen op den Environnement humain. An evidenteweis huet natierlech en Tram an enger Stad eng Influenz op déi Leit, déi do wunnen, an op hir Ëmwelt. An duerfir muss studéiert ginn, wat dat ass.

An et ass gesot ginn, an et ass och hei virgesinn, datt déi ganz Prozedur - an dat gëtt 2012 da gemaach - eng gréisser Publizitéit muss hunn, datt muss kënnen consultéiert ginn an datt d'Leit mussen kënnen an all Detail informéiert ginn, an dat ass eben dat, wat 2012 usteet.

(Interruptions diverses)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...well déi geet laanscht de Rousegärtchen op der Paräisser Plaz.

► **Une voix.** - Déi aner wär méi schlëmm gi wéi déi heil!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Däerf ech weiderfueren?

► **M. le Président.** - Här Minister, fuert virun!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Okay, dee leschte Punkt ass fir den Här Negri, deem ech wollt soen, datt evidenteweis - Dir hutt vun der Gare Zéisseng geschwat a vun der Streck Esch-Lëtzebuerg - d'Streck Esch-Lëtzebuerg momentan wierklech net dee Besoin ass, dee mer prioritär hunn. Duerfir, et ass eng vun deene Saachen, déi elo net um Programm momentan stinn. D'Gare Zéisseng ass an den Dimensiounen, esou wéi se geplangt war, eng Gare, déi sënnavoll ass, wann ukënn do op där enger Säit natierlech déi Escher Streck, op där anerer Säit awer och den Tram, dee jo an enger zweeter Etapp soll dohinner gebaut ginn, esou datt mir der Iwwerzeegung sinn, datt déi Hollerecher Gare elo fir déi nächst 10, 15, 20 Joer sënnavoll ass, an den Ausbau.

An da muss ee sech iwwerleeën, wann den Tram eng kéier bis dorower kënnt - mä dat ass dann an enger zweeter Etapp, wann déi ganz Hollerecher Strooss nei gebaut ass, wann dee ganze Quartier ëmgebaut ass, dat brauch nach eng Rei Joren! -, da mussen mer erëm iwwert déi Zéissenger Gare schwätzen, wéi wäit se sënnavoll ass an a wat fir engem Kontext mer se da bauen.

An dat Lescht, dat ass, déi lescht Saach, dat ass déi - neen, den Här Hoffmann huet och nach eng, dann ass dat hei déi virlescht -, dat ass déi Geschicht vun dem Zuch ënnert der Roudier Bréck, wann en do hält, a mir huelen déi Zich aus Frankräich, der Belsch an deelweis aus Däitschland dohinner, do huet d'CFL ganz genau gekuckt, wat d'Planificatioun ka sinn. Et kann ee sechs Zich d'Stonn dohinner leeden, an d'Fro ass: Wou kënnen se gedréit ginn? Dat ass och gekuckt ginn: Et sinn Dummeldeng, Luerenzweiler a Miersch, wou op deene Gare Raum genuch ass, fir déi Zich kënnen stoen ze loosse respektiv zrëckzehuelen. Eier mer esou eppes avancéiert hunn, huet d'CFL dee ganze Plang eng kéier duerchgekuckt, fir eis déi Méiglechkeeten do ze soen. Ech krut gesot, dat géif kloer an däitlech goen, soss hätte mer dat

heiten net avancéiert als Projet, an ech ginn dovunner aus, datt dat och da klappt.

An dat Lescht, dat ass déi Fro, déi den Här Hoffmann gestallt huet. Ech verstinn, datt dat fir hien a fir ganz vill aner Leit eng ganz wichteg Fro ass, well et einfach eng ass, déi vu Sensibilitét ofhänkt. Mir hu se momentan net am Programm stoen, mir mussen kucken, wéini et finanziell méiglech ass. Ech kann lech awer momentan keng Äntwert doriwwer ginn. Ech huelen deen do Wonsch an déi do Ugeleeënheet, déi lech um Häerz läit, als lescht Ugeleeënheet da mat.

Merci.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss.

Motions

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen. Fir d'Éischt d'Motioun N°1, déi vum Här Fernand Boden agereecht ginn ass.

Motion 1

Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

Vote sur la motion 1

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass do dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wär déi Motioun mat enger grousser Majoritéit ugehol.

Motion 2

Da kënnt nach d'Motioun N°2 vum Här Fernand Etgen. Do hunn ech verstanen, datt den zoustännege Minister déi kéint unhuelen. Kann ech dann och dovunner ausgoen?

Den Här Fayot freet awer nach dozou d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt just eng Fro stellen iwwert deen éischte Considérant. Do seet d'Motioun: «saluant la décision du Gouvernement de lever la mise en suspens des projets de lycées prévus à Clervaux et à Differdange;». Mir si selbstverständlech frou, wann d'Aarbechten dorunner virginn, mä ech hat verstanen, wann ech dat elo richtig gesinn hunn, dass mer e Plan sectoriel hätten, an deem waren déi Lycéeën do an der zweeter Rei, no där éischer Rei, wou Jonglënster - wat nach? - do war. Elo froen ech, déi Formulatioun: «lever la mise en suspens», ob dat ganz stëmmt.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Also, ech woen net, wann den Här Fayot d'Interpretatioun an engem franséischen Text mécht - dee fréier mäi Franséischproff war -, him ze soen, wéi ech et interpretéiert hunn, wann dat lichter anscht war, wéi dat wat hie gemaach hätt.

Elo soen ech emol, wéi ech et verstanen hunn. Ech hunn et esou verstanen, datt mer... Mir sinn de toute façon amgaangen, bei deenen do zwee Lycéeën weider ze plangen. Do ass schonn - ech hunn lech et virdru gesot - den APS bei Clief fäerdeg, den APD ass amgaange gemaach ze ginn. Mä den Här Frieden huet gesot, si sinn elo fix 2014 och an de Programm, de finanzielle Programm ageschriwwen ginn. An ech hunn dat einfach als eng Interpretatioun vun deem, wat den Här Frieden esou gesot huet, verstanen. Wann et anescht gemengt war, dann hätt den Här Fayot recht. Wann et esou gemengt ass, mengen ech, kann een et esou a priori stoe loosse.

► **M. le Président.** - Gutt, kënnen mer dann à main levée iwwert déi Motioun ofstëmmen?

Vote sur la motion 2

Wien ass domadder d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem héijen Haus ze sinn. Domadder wär déi Motioun ugehol.

Fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Sécherheet vun der Atomzentral zu Cattenom ugefrot. D'Riedezäit ass hei nom Artikel 84 Alinea 2 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: D'Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Negri, Gibéryen an Hoffmann.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Eugène Berger als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.** - An de Buergermeeschter hei vu Réimech.

► **M. le Président.** - Et ass gutt, da schreiw mer den Här Buergermeeschter vu Réimech nach derbäi.

4. Heure d'actualité du groupe DP sur les normes de sécurité de la centrale nucléaire de Cattenom et la politique d'information de l'exploitant de la centrale en question

Exposé

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 11. März 2011 huet definitiv och dee leschte Frënd vun der Atomenergie missen agesinn hunn, datt et keng absolut Sécherheet bei Atomkraaftwierker gëtt. Och wann - ech géif bal soe leider - Fukushima net méi all Dag an der Medienaktualitéit ass, strahlt et weider a Japan, an d'Schied fir d'Ëmwelt an d'Leed fir d'Mënsche sinn enorm!

De Misär fir d'Mënschen a Japan, mä och op anere Plaze vum Planéit - well mir wësse jo och, datt déi Strahlung, déi weidergeet, net nëmmen eleng sech dohannen op Japan begrenzt, mä praktesch iwwe all d'Landesgrenzen ewech um Planéit sech ausdehnt -, dat wäert nach laang andauern, an et kann een och net ofschätzen, mat wat fir enge Laangzäitfolgen een alles muss rechnen. Eppes also ass definitiv kloer ginn: D'Atomenergie ass net sécher! Si wäert et och ni ginn, an dofir mussen mer alles maachen, fir definitiv aus dëser Energie erauszeklappen.

D'DP huet an deene leschte Joren a Méint ëmmer erëm Propositionen gemaach, wéi een dat ka maachen. Mir wëssen dat och alleguerten. Mir hunn och do schonn e relativ grouss Konsens, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä praktesch weltwäit. D'Förderung vun erneierbaren Energien, Energieeffizienz, an och besonnesch hei zu Lëtzebuerg kéint ee ganz vill beim Energiespueren am Hausbau maachen. Ech wëll och nach eng kéier vun der Geleeënheet profitéieren, wéi ech dat all kéier maachen, fir och nach eng kéier eise Modell vun enger Klimabank ze rappeléieren.

Mir wëssen, et gëtt de Moment eng ganz Rei Zentralen, déi a Betrib sinn, wou een net mëttelfristeg mä kuerzfristeg eng Solutioun muss fannen an am beschten och déi Zentralen esou schnell wéi méiglech muss vum Netz huelen. Dat sinn net Zentralen, déi wäit ewech leien, a Japan oder iergendwou wäit a Russland, mä ganz no bei eis: déi verschidden Atomzentralen an der, géif ech soen, Groussregioun, déi ganz problematesch sinn, wéi Chooz, Fessenheim, Biblis - ech wëll se elo net alleguerten opzielen -, a besonnesch jo och eng direkt niewent eiser Hausdier hei, zu Cattenom.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Ouni elo wëllen den Däiwel un d'Mauer ze molen - mir haten am Fréijoer jo eng Debatt -, mä mir sinn eis all bewusst, wann do eng kéier wierklech géif e Super-GAU zu Cattenom passéieren, da géif Lëtzebuerg wuel vun der Landkaart verschwannen. Mir mussen eis also dofir kloer derfir asetzen, datt all déi Zentralen, a besonnesch Cattenom, esou schnell wéi méiglech zougemaach ginn.

Ech wëll drun erënneren, datt och e groussen nationalen Aktionscomité géint d'Atomkraaft sech staark dofir asetzt. Bal 23.000 Bierger hunn hei zu Lëtzebuerg - dat sinn der eng ganz Rei! - eng Petitioun ënnerschrifwen a fuerderen och, datt dës Zentralen, besonnesch Cattenom, zougemaach solle ginn. D'lescht Woch ass jo och déi Petitioun déposéiert ginn. Ech gesinn och hei, de Gesondheitsminister ass jo do, an hien hat jo och do d'Éier oder d'Laascht, fir déi schwéier Këscht do dann an de Ministère eranzedroen. D'Regierung ass also gefuerdert, fir dësem Optrag esou schnell wéi méiglech dann nozekommen, oder dëser Petitioun nozekommen.

Et ass jo och kloer: Cattenom däerf och elo net eng Verlängerung vun hirer Lafzäit kréien. Si huet schonns vill Joren um Bockel. An et gëtt dann och ëmmer erëm nach Tëschefall zu Cattenom. Tëschefall, wou et schwéier ass, richtig erauszefannen, wéi eng Gravitéit se hunn, a wou - et muss ee soen - d'Informationspolitik vun de Bedreier, der EDF, an och vun den zoustännegen Autoritéiten a Frankräich ferm ze wënschen iwwreg léisst.

Sou gouf et fir d'Lescht den 19. Juli an der Zentral en Tëschefall, wou anscheinend duerch e Montagefeeler de Killysystem am Reaktor 2 net fonctionnéiert huet. Säit Fukushima wësse mer, och alleguerten d'Laie wëssen, wann de Killysystem ausfällt, dat kann extrem problematesch ginn.

Ech wëll elo net gesot hunn, datt hei elo wierklech e seriösen Accident geschitt war, mä wat mech, wat d'DP stéiert, dat ass, datt d'Informatioun iwwert deen Inzident eréischt den 28. Juli, also zéng Deeg duerno an d'Öffentlechkeet komm ass. Och wann et vläicht e ganz klengen Inzident war, deen net schlëmm war, ass et